Lëscht 2
PIRATEN
Wahlprogramm
EU-Wahlen 2019
vote YES
for a better
Europe

Präambel

D'Pirate bekenne sech zu enger staarker Europäescher Unioun, zu enger Unioun vum Zesummenhalt, déi progressiv d'Bierger vun de Memberstaate mat an d'europäesch Entscheedungen abënnt.

Am Geescht vun der Gläichheet setzen d'Piraten sech fir en Europa fir Jiddereen an, wou all Mënsch déi selwecht Chancen, Rechter a Méiglechkeeten innerhalb vun enger staarker europäescher Gemeinschaft fënnt a wou keen ausgegrenzt gëtt.

D'Aarmut däerf net deem Eenzele séin Alldag bestëmmen a séng fréi Entfalung innerhalb vun der Gesellschaft net ausbremsen. D'Pirate setzen sech fir e fairt a soziaalt Europa an, wou fir déi allgemeng sozial Sécherheet duerch d'Ausschaffe vun engem Grondakommes a vun engem europäesche Mindestloun gesuergt soll ginn.

D'Piraten ënnerstëtzen eng effizient Notzung vun der Digitaliséierung a fuerderen de fräien Zougréff op sämtlech verfügbar Informatiounsquellen (Open Data an Open Source).

D'Pirate fuerderen am Sënn vun enger demokratescher Europäescher Unioun d'Direktwahl vum President, méi Gewiicht fir d'Parlament a méi Matbestëmmung vum Bierger iwwert de Wee vun thematesche Referenden. Den Internet soll dofir als Medium vun der Fräiheet an der Demokratie wouergeholl ginn.

Et ass de Piraten e grousst Uleies an Europa en Ëmwelt- a Klimaschutz ab haut a fir muer ëmzesetzen. Déi natierlech Ressourcë sollen erhale bleiwen a gefërdert ginn. De Wonsch vun de Piraten ass eng propper a laangfristeg Energieversuergung. D'Recherche vun neien an och d'Uwende vun allen aktuell verfügbaren erneierbaren Energien mussen ouni weideren Zäitverloscht a Kraaft trieden.

D'Pirate sinn der Meenung, dass jiddereen en elementaart Recht op proppert Waasser an op en Zougang zu gesonden an onbelaaschte Liewensmëttel huet. An deem Sënn maachen d'Piraten sech staark fir d'Promotioun vun der Biolandwirtschaft, fir gesond Biedem a Bëscher, fir d'Ënnerstëtzung vum Biobaurewiesen an och fir de regionalen Handel.

D'Pirate fuerderen europawäit e gläichen a qualitativen Déiereschutz. Déieren, déi eegens fir de Fleesch-, Mëllech- an Eeërbedarf gezüicht ginn, musse respektvoll behandelt gin. D'Pirate setzen sech fir méiglechst kuerz Transportweeër ënnert déiregerechte Konditiounen an.

D'Pirate wënschen sech en Europa vum Fridden. Déi europäesch Friddenspolitik muss eng Politik vum Dialog sinn. Nëmmen esou kann de Fridde laangfristeg an iwwert d'Europäesch Unioun eraus gefleegt a geséchert ginn.

D'Pirate wëllen eng staark Ekonomie innerhalb vun enger Europäescher Unioun, déi op ëmweltfrëndlech, fair a sozial Kritären setzt an Aarbechtsplaze schaaft vun deenen ee liewe kann. D'Piraten si sech bewosst, dass des Grondsätz zu éngem Ëmdenken an zu enger Ëmstrukturéierung vun eiser Ekonomie esou wéi vun de Fabricken a Betriber féiere wäert. An deem Sënn setzen mir op innovativ Technologien, déi an Zesummenaarbecht mat den Unien, Héichschoulen a Fuerschungszenteren en neie Wand an der europäescher Ressoucennotzung matsechbréngen wäerten.

D'Pirate bauen iwwerdems op eng Politik vun der Transparenz a vun den oppenen Dieren, déi de Bierger Asiicht an d'Entscheedungen vu der Politiker bitt.

Dofir zielen d'Pirate Lëtzebuerg vun Häerze weider op Äre Votte an Äert Vertrauen an den Europawahlen.

Mat groussem Merci an am Déngscht fir en Europa vun der Mënschlechkeet,

Är Europakandidaten

Starsky Flor
Marie-Paule Dondelinger
Daniel Frères
Lucie Kunakova
Chris Bernard
Christian Welter

Inhaltsverzeichnis

1. Pro Europa 7

Zesumme géint Extremismus 7
Europäesch Grondrechter verdeedegen 7
Verantwortung vun den nationale Parlamenter 7
D'Mënscherechter an der EU stäerken 8
Fir een Europa vun de Bierger 8
D'Grenzen oppe loossen 8
An Europa reegele wat an Europa gereegelt muss ginn 9
Eng EU mat méi verständleche Nimm 9
Ee modernen EU-Budget 9
Ee "Future Refine" fir Europa weider ze stäerken 10
Verbreedung vun europäescher Konscht a Kultur 10
2. Europa fir jiddereen 11
Do liewen, wou ee wëll, an dat vum éischten Dag un! 11
EU-Ambassaden 11
D'Gesondheet net un eng Plaz bannen 11
Modern Sozialsystemer fir mobill Mënschen 12
Ee gemeinsamt europäescht Aarbechtsrecht 12
Schaffen a studéieren ouni Hindernisser 12
Wierklech Gläichstellung 13
Anonym Bewerbunge förderen 13
D'Schoul op ee gemeinsamen Nenner bréngen 13
Héichschoul an Universitéit 13
E bessere Bolognasystem 14
Besser Bildung a Fuerschung fir Europa 15
Ee gemeinsamen europäesche Contrôle Technique 15
Déi verschidde Maut- a Vignettesystemer ofbauen 15
Passagéierrechter an allen Transportsecteure stäerken 16
Privatsphär an der EU héichhalen 16
Raum fir Diversitéit garantéieren 16
Opwäichung vun der binärer Geschlechterkategoriséierung 16
Inclusioun 17
Den Zougang zu den EU-Fongen vereinfachen 17
European Youth Program 17
3. Europa fair a sozial 18
Fir ee bedéngungslost Grondakommes an der EU 18
D'Grondakommes regional testen 19
Den éischte Schrëtt: een europäesche Mindestloun 20
Een europäesche Wärungsfong géint Krisen 20
Verhënnere vun deloyaler Konkurrenz 20
Ee gemeinsamt europäescht Familljerecht 20
Selbstbestëmmung am drëtten Alter 21
Pensioune sécheren 21
Altersaarmut verhënneren 21
Keen op der Strooss zeréck loossen 21
Patenter reforméieren 21
Bildung a fräit Wëssen 22
D'Stagiairen unerkennen 22
Cannabis europawäit mindestens entkriminaliséieren 22
4. Europa digital 24
Fräien Internetaccès als Grondrecht definéieren 24
Gratis Wifi 24
Privatsphär schützen 24
Reform vum Urheber- a Patentrecht 25
Copyright 25
Ofschafe vun der Vorratsdatespäicherung 26
Zensur 27

Netzneutralitéit....27
Open Access....27
Open Data....28
Open Source....28
Ee Recht op Verschlësselung....28
Digital Sécherheet....29
Obligatoresch Verwennung vu fräier Software an der ëffentlecher Verwaltung....29
Finanzéierbaren Zougang zu Zertifizéierungsservicer....29
Dateschutz stäerken....29
Keng Späicherung vu biometreschen Donnéeën....30
Een europäesche Guichet fir digital Prozeduren....30
Eng europäesch Handynummer....30
Präventioun vun der virtueller Sucht....30
5. Eng Demokratesch EU : Matbestëmmung stäerken....32
Ee neien europäeschen Traité....32
D'EU Parlament stäerken....32
D'EU-Wahlen reforméieren....32
Een direkt gewieltenen EU-President....33
Referende fir EU Bierger erméiglechen....33
Petitioune vereinfachen....33
E-Participatioun....33
Méi Matbestëmmung fir déi Jonk....33
Europa als Verfechter vum internationale Recht....34
Open Government Partnership....34
Fir eng fräi Press....34
„One Seat" fir d'EU-Parlament zu Bréissel....35
6. Ëmwelt a Klima an engem Europa fir muer....36
Den Accord de Paris ëmsetzen....36
Klima- an Ëmweltfuerschung....36
Fir eng nohaltëg, ugepassten an divers Energiepolitik....36
Subsidiär Energiepolitik....37
Energienetzer zesummeschléissen a verstaatlechen....37
Ee soziale Pollueur-Payeur-Prinzip....37
Eng staark EU-Mobilitéitspolitik....37
Alternativ Untriiber fir den Transport....38
Batterien....38
Ee gemeinsamt Waassermanagement....38
D'Agrarsubventiounen besser asetzen....39
Keng TVA op Bioprodukter....39
Liewensmëtteltransparenz....39
Liewensmëttelreschter besser verwäerten....39
Genmanipuléiert Produkter kloer kennzeechnen....39
De responsabele Konsum förderen....40
Plastiksoffall reduzéieren....40
Kompostabel Zigarettestomp....40
Karbonfluoride....40
7. Den Déiereschutz an Europa stäerken....41
D'Déierentransportgesetz iwwerschaffen....41
Déierentransporter begrenzen....41
Ethesch vertrietbar Schluechtprozeduren....42
Méi Opklärungscampagnen iwwert eis Ernärung....42
Déierenziichter méi kontrolléieren....43
Bauerenhäff aplaz vun Agrarfabriken....43
Déierepelzer....43
Hausdéiere méi schützen....43
Zirkusdéiere widderspriechen eise Grondwäerter....44

Géint Déiereversich 44
Nohalteg Fëscherei 44
D'Klappjuegd verbidden 44
Juegdtropheeë verbidden 45
8. Europa am Fridden 46
D'Kriminalitéit iwwert d'Grenzen eraus effektiv bekämpfen 46
D'NATO iwwerdenken 46
Fir eng europäesch Arméi als Garant vu Fridden 46
Eng gemeinsam europäesch Aussepolitik 47
D'Stäerkung vun den Vereenten Natiounen (UNO) 47
Anti-Terror-Politik 47
Géint Cyberwar 47
Beruffsgeheimnis fir Cyber-Ofwier 48
Atomwaffeverbuet 48
Verbuet vun autonome Krichswaffen 48
Identifizéierung vu Waffen 49
Eng fair a gemeinsam Asyl- a Flüchtlingspolitik 49
LGBTIQ an Asyl- souwéi Immigratiounsrecht 49
Netzpoliteschen Asyl 50
Kampf géint erzwonge Prostitutioun a Mënschenhandel 50
Ee bessere Schutz virum Mënschen- a Kannerhandel 51
Entwécklungshëllef an international Zesummenaarbecht 51
Zwee-Staate-Léisung am noen Osten 52
9. Eng staark Ekonomie fir d'EU 53
Een europäeschen digitale Maart 53
Jo zur Finanztransaktiounssteier 53
Télétravail förderen 53
Eng europäesch TVA-Deklaratioun 54
Innovatioun ënnerstëtzen 54
Ee Startup-Programm fir Europa 54
Europa fir Talenter méi attraktiv maachen 55
D'europäesch Jugend integréieren 55
Fir eng nohalteg Wirtschaft 55
An Europa hierstellen, wat an Europa kann hiergestallt ginn 55
Ëffentlech Finanzen an Uerdnung bréngen 56
En europäesche Bankesécherungsfonds 56
SEPA ausbauen 56
Kloer Reegele fir gerecht Fräihandelsaccorden 57
Baueren als Entrepreneure gesinn 57
Jo zum Euro € 57
10. Transparenz 58
Prinzip vun der Transparenz 58
Lobbyismus aschränken 58
Interessekonflikter vermeiden 59
Dokumenter oppeleeën 59
Whistleblower schützen 59
Fir eng méi streng Finanzreguléierung an der EU 60
D'Finanzéierung vu Wahlkämpf kontrolléieren 60
Digital Transparenz vun Ëmweltdonnéeën 60
Medezinesch Fuerschung reforméieren 61
Ee Fräien Zougang zu de Resultater vu wëssenschaftlecher Fuerschung 61

1. Pro Europa

Mir Pirate bekennen eis ganz kloer zu der Europäescher Unioun. D'EU bitt haut iwwer 500 Milliounе Mënsche Sécherheet, Wuelstand an eng gemeinsam Identitéit. Mer sinn der Iwwerzeegung, datt Europa an de gemeinsamen Interessi vun allen europäesche Bierger gestallt sollt ginn. D'Pirateparteien an der Europäescher Unioun bekennen sech ganz kloer zu der europäescher Iddi.

Zesumme géint Extremismus

Déi nationalistesch Stréimungen an Denkbeweegungen an Europa sinn an de lëschte Joren ëmmer méi präsent ginn. Europawäit sinn an deene leschte Joren ëmmer méi riets Politiker a Parlamenter gewielt ginn, mat schwéiere Konsequenze fir d'Zesummenaarbecht an den Zesummenhalt vun der Europäescher Unioun. Mer sinn der Iwwerzeegung, dass et kloer Alternative gëtt zu Iddien, déi op engem Gesellschaftsbild opbauen, dat vun Angscht, Haass a Verzweiwlung definéiert ass.

Et ass un eis, d'Stëmm ze erhiewen an de Mënschen an Europa ze weisen, dass et Alternativen zum Rietspopulismus ginn. Dofir schwätze mer Pirateparteien a ganz Europa eis kloer géint all Form vun Haass an Angschtmaacherei aus. Mer Pirate sinn iwwerzeegt, datt all Mënsch d'Recht huet fair a gläich behandelt ze ginn.

Mer sti fir een Europa, an deem all Mënsch seng Chancë soll kréien, egal wéi eng Hautfaarf, Nationalitéit oder Relioun en huet. Eis Gesellschaft huet d'Rechter vu Minoritéiten ze respektéieren. Mer wäerten eis dofir all Form vun Diskriminéierung widdersetzen an eis Gruppéierungen entgéintstellen, déi d'Mënscherechter ugräifen.

Europäesch Grondrechter verdeedegen

D'Piratepartei fuerdert vun allen EU-Memberstaaten an och den neie Bäitrëttskandidaten e kloert Bekenntnis zu de Grondprinzipie vun engem demokratesche Staat. Wierder eleng ginn awer net duer. All Memberstaat misst sech reegelméisseg engem onofhängegen Audit zur Mënscherechtssituatioun a sengem Land ënnerwerfen.

D'EU muss gläichzäiteg och intervenéieren, wann hir Prinzipie vu Memberstaate systematesch verletzt ginn. Dofir verlaangt d'Piratepartei eng Reform vun der Prozedur vum Artikel 7 vum Traité vun der Europäescher Unioun. Memberstaaten, déi d'Grondrechter violéieren, musse méi schnell an einfach zur Verantwortung gezu ginn.

Verantwortung vun den nationale Parlamenter

Vill ze oft drécken déi national Parlamenter d'Verantwortung fir onpopulär Entscheedungen op d'Europäesch Unioun of. Dëst féiert dann nëmmen zu méi EU-Skepsis bei de Bierger an férdert net d'Vertrauen an d'EU.

Dobäi ass et oft de Feeler vun den nationale Parlamenter, datt si sech net éischter an de Prozess vun der Ausgestaltung vun den Direktiven agebonnen hunn. Zanter dem Lissabonvertrag hunn all déi national Parlamenter an der EU vill méi Verantwortung an Europa. Dëst notze si awer net aus.

D'Piratepartei fuerdert dowéinst all d'politesch Parteien aus nationale Parlamenter op, sech endlech hirer europäescher Verantwortung ze stellen, Scholdzouweisungen u Bréissel ze ënnerloossen an d'Bierger objektiv ze informéieren, ewéi eng Entscheedungen een hätt kéinten huelen, fir Gesetzer ze beaflossen.

D'Mënscherechter an der EU stäerken

D'Piraten ënnerstëtzen d'Charta vun de Grondrechter vun der Europäescher Unioun a wäerten sech dofir asetzen, hir Wäerter, wéi Toleranz, Fräiheet, Gläichheet a Solidaritéit an Europa ze verdeedegen an auszebauen.

Fir d'Piratepartei ass et wichteg, datt d'Mënscherechter an der Europäescher Unioun agehale ginn. Dofir sollte mir och an der Lag sinn dës duerchzesetzen. Aktuell ass et sou, dass all Land säin eegent Grondrecht huet, op deem senger Basis et sech fir d'Gestaltung vu senger nationaler Politik behaapte kann.

Mer wëllen, dass d'Europäesch Charta fir d'Bierger vun de Memberstaate verbindlech soll gemaacht ginn. Dëst hätt als Resultat, dat all Europäer a sengem Land déi gläich Rechter a Fräiheete vu senger Regierung fir sech fuerdere kéint an den Europäesche Geriichtshaff direkt vun de Bierger opruffbar géing ginn.

Fir een Europa vun de Bierger

D'Piratepartei wëll en Europa vun de Mënschen, net vun de Regierungen an Diplomaten. Mer ënnerscheeden eis vun deenen anere lëtzebuergesche Parteien duerch e kloert, unhalend Striewen no enger politescher Unioun an der Form vun enger politescher Federatioun. Ee federaalt Europa, an deem d'Biergerinnen a Bierger d'Richtung virginn an d'Verwaltung am Déngscht vu jidderengem an net nëmmen de Lobbye steet, ass eist Zil.

D'Grenzen oppe loossen

D'Iddi vun Europa soll sinn, dass mir als europäesch Bevëlkerung zesumme schaffen a liewen, mam Zil, dass jiddwer Land vun dem ganze Gefüge profitéiert. Europa kann nëmmen effektiv weiderbestoen, wa mer d'Prinzipie vum Schengener Vertrag (Freizügegkeet an Europa) ënnerstëtzen.

Grenzen opbauen wéist nëmmen interkulturell Ignoranz a bréngt letztendlech eise Fridden a Gefor. Ignoranz bréngt am private Liewen näischt a kann och am Kontext vun der Politik kee Wee vum Erfolleg sinn. Et gëllt d'Grenzen tëschent den eenzelen europäesche Volleker ze verstoen an ofzebauen amplaz sech ze verschléissen.

An Europa reegele wat an Europa gereegelt muss ginn

D'Piratepartei schwätzt sech fir d'Subsidiaritéit aus, dat heescht, dass politesch Entscheedungen sou no wéi méiglech bei de Bierger solle getraff ginn. Eng staark EU ass nämlech näischt ouni hir Regiounen, Länner a Gemengen. D'Verantwortung soll dohinner goen, wou se am beschten Uwendung fanne kann. Wat awer op europäeschem Plang besser gereegelt ka ginn, solle mir als Europäer zesummen diskutéieren an entscheeden.

Eng EU mat méi verständleche Nimm

Europäesch Politik ass ganz oft schwéier ze verstoen. Ee Grond dofir ass och, dass déi verschidde Mandater an d'Institutiounen an der EU zimlech komplizéiert an ähnlech kléngen. Dat féiert dozou, dass een net ëmmer weess, vu wem grad geschwat gëtt.

Effektiv ass d'Opstellung vun der EU op Verwirrung ausgeluecht. Ee bekanntent Beispill dofir sinn déi 3 europäesch Réit (Conseillen). Sou ginn et an Europa 3 europäesch Réit, vun deenen der awer nëmmen 2 Deel vun der EU sinn. Dës sinn den Europäesche Rot (Conseil d'Europe) an de Rot vun der Europäescher Unioun (Conseil de l'Union européenne). Ausserhalb vun der EU existéiert da nach den Europarot (Conseil de l'Europe). Dëst Beispill weist ganz gutt, wéi verwirrend d'Namensgebung vun den Institutiounen ass.

D'Piraten droen d'Iddi mat, d'Institutiounen an der EU mat méi kloren a verständlechen Nimm ze bezeechnen an ze differenzéieren. D'Titele vu verschiddene Posten, wéi zum Beispill de Posten « Hoher Vertreter der Europäischen Union für Außen- und Sicherheitspolitik » sollt ganz einfach « Ausseminister vun der Europäescher Unioun » genannt ginn. D'Pirate proposéieren dofir eng Analyse vun den héijen europäeschen Institutiounen an Ämter ze maachen an d'Nimm vun den Ämter ze vereinfachen.

Ee modernen EU-Budget

Aktuell bedréit den EU-Budget ronn 1 % vum Bruttoinlandsprodukt vun der europäescher Unioun. Mat dësem Budget huet d'EU d'Méiglechkeet Projeten ze realiséieren an d'europäesch Entwécklung weiderzedreiwen. D'Aart a Weis wéi dëse Budget an der EU organiséiert gëtt, ass awer mëttelalterlech an dofir wëll d'Piratepartei ee modernen EU-Budget, deen den Erausfuerderunge vum 21. Joerhonnert entsprécht.

Eis Propose ass, datt d'Europäescht Parlament eng direkt Kontroll an och d'Responsabilitéit kritt, de Budget kënne matzebestëmmen. Amplaz vum aktuelle 7 Joresplang soll all Joer am Parlament e Budget gestëmmt ginn. Mer brauchen an der EU méi Investitiounen a Bildung a Fuerschung, eng besser Notzung vun neien Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien a méi Opmierksamkeet fir Innovatioun, Wëssenschaft an Ëmweltschutz.

Fir dat ze erreechen, géife mer Suen vum EU-Fong fir Agrarpolitik zu Gonschte vun aaneren EU-Fongen ëmleeden. Mer schwätzen eis och fir eng Stäerkung vum EU-Budget aus. Zum enge soll den

EU-Budget laangfristëg op 1.5 % vum Bruttoinlandsprodukt vun der EU erhéicht ginn, zum anere soll d'EU sech och selwer kënne méi Finanzéierungsméiglechkeete ginn, beispillsweis duerch eng Erhéijung an en Ausbau vu sengen Eegemëttelen.

Ee "Future Refine" fir Europa weider ze stäerken

Fir déi wirtschaftlech ugeschloen Eurostaaten erëm op d'Been ze stellen, fuerderen d'Piraten en "Future-Refine-Plang" fir Europa. Dësen Opbau- an Investitiounsprogramm soll déi kuerzfristeg Konjunkturentwécklung förderen an och laangfristeg d'Wuesstemspotential stäerken. D'Zil ass et, den Ëmbau an d'Moderniséierung vun den europäesche Vollekswirtschaften hin zu enger energieeffizienter a ressourcëschounende Wirtschaftsstruktur ze erméiglechen.

Verbreedung vun europäescher Konscht a Kultur

Kultur kann d'Vergaangenheet, d'Zukunft an d'Géigewaart spigelen. Bildend Konscht, Literatur, Theater, Film, Konscht an Architektur sinn Ausdrocksformen vun eiser gemeinsamer europäescher Geschicht, eise Wäerter an eiser Siicht op d'Gesellschaft. Kënschtler sinn oft un der Spëtzt vun der sozialer Innovatioun a sinn dofir wichteg fir eis Gesellschaft. D'Mënsche sollen an Europa fräi sinn, sech kënschtleresch auszedrécken. Fir d'Kreativwirtschaft ze ënnerstëtze brauche mir e fräie Maart an e Schutz géint deloyal Konkurrenz.

An Europa erwaarde mir, dass all Land säin (an eigentlech eiser all) kulturellt Ierwen ënnerhält, wa néideg och mat europäesche Fongen. Mir wëllen, dass Europa seng Kultur aktiv no baussen weise kann. Op dësem Wee kënne mir eis gemeinsam Grondwäerter ewéi Fräiheet, Demokratie an d'Mënscherechter an der Welt verbreeden. Kulturell Missiounen, gemeinsam Ausstellungen, d'Bereetstellung vu fräien digitale Konschtwierker, Iwwersetzunge vun europäescher Literatur a wëssenschaftlechen Aarbechten kënnen dobei als konkret Mesuren genotzt ginn.

2. Europa fir jiddereen

D'Pirate wëllen een Europa, an deem jidderee soll déi selwecht Chancen, Rechter a Méiglechkeeten ageraumt kréien. Fir dat ze erreechen, musse mer dofir suergen, dass bürokratesch an administrativ Barrièren an Europa méi a méi verschwannen.

Do liewen, wou ee wëll, an dat vum éischten Dag un!

EU Bierger, déi decidéieren hiert Land ze verloosse fir sech an engem anerem EU-Land nidderzeloossen si keng Exceptioun méi. Lëtzebuerg ass scho laang d'Heemescht vu villen EU-Bierger a bleift och haut nach ee Wonschland vu ville Mënschen. An een neit Land wunnen ze goen, ass awer och eng Aventure, déi vill Aarbecht a Kraaft vun de jeeweilege Persoune fuerdert.

All Kéiers wou een an een anert EU-Land plënnert, stéisst een op onnéideg Hindernisser: d'Versécherung kann net matgeholl ginn, Steckere fir elektronesch Geräter mussen ugepasst ginn, Autoe mussen nach eemol duerch e Contrôle Technique, Diplomer gi net unerkannt oder d'Pensioune mussen nei berechent ginn.

Mer sti kloer hannert dem Prinzip vun der Fräizügegkeet fir d'Bierger an Europa. D'Piratepartei fuerdert dofir en Aktiounsplang, fir dës Problemer an de Grëff ze kréie, fir datt jidderee schnell an onkomplizéiert an egal wéi engem europäesche Land Fouss faasse kann. Doduerch kréien och Lëtzebuerger d'Méiglechkeet an engem aneren EU-Land ze studéieren oder ze schaffen, ouni administrativ Steng an de Wee geluecht ze kréien.

Als konkret Mesure fuerdere mer, datt et muss an all EU-Land méiglech sinn, sech op enger eenzeger lokaler Platz kënnen of- an unzemellen. Dat géif bedeiten, dat eng Persoun sech an egal wéi enger Gemeng an der EU ofmelle kann, an datt dës dann déi néideg Informatiounen un déi verschidden Administratiounen an och déi nei Gemeng an der EU weiderleet.

EU-Ambassaden

Firwat hunn all 28 Memberstaaten hir eegen Ambassaden? Eng gemeinsam EU-Ambassade kéint Päss a Visa ausstellen, Handelsinteresse vertrieden, konsularesch Assistenz ubidden an op Bréissel rapportéieren. En effizienten a gutt organiséierten europäeschen diplomateschen Déngscht spuert Geld an erhéicht d'Stäerkt vun Europa ausserhalb vu senge Grenzen.

D'Gesondheet net un eng Plaz bannen

D'Pirate wëllen eng Gesondheetsversuergung, bei der d'Patienten am Mëttelpunkt stinn an d'Kontroll iwwert hir Gesondheet an hir medezinesch Déngschtleeschtungen hunn. Gutt Gesondheet dierf kee Luxus vum Openthaltsuert sinn. Bei der Betteplanung fir Spideeler, wënscht sech d'Piratepartei e System, dee méi um Niveau vun Regiounen a manner mat Nationalstaaten plangt.

All Memberstaat soll weiderhi kënne säi Gesondheetssecteur sou gestalte, ewéi en dat fir richteg hält. Dofir sinn awer zolidd ëffentlech Finanzen an ee faire Konkurrenzkampf wichteg.

Mir plangen d'international Unerkennung vu medezinesche Qualifikatiounen a Beruffserfarung ze vereinfachen. E strengen europäesche Kader fir d'Medezintechnik an hier Uwendungen soll Innovatioun net behënneren an de Patient soll zu all Moment als responsabelen a fräie Bierger behandelt ginn.

D'Piratepartei fuerdert iwwerdems eng europawäit schwaarz Lëscht mat Medeziner, déi weins falsche Behandlungen veruerteelten goufen, fir datt dës Dokteren net einfach d'Land wiesselen a weiderschaffe kënnen.

Modern Sozialsystemer fir mobill Mënschen

D'Employéen an Europa ginn ëmmer méi mobill. Dofir missten d'Sozialleeschtunge vun deene verschiddene Länner, wou ee geschafft huet, vun enger zentraler Instanz aus bilanzéiert ginn. Zum Beispill missten d'Pensioune vun engem Bierger, deen a méi ewéi engem Land geschafft huet, vun enger europäescher Administratioun ausgerechent an ausbezuelt ginn. Dëst géif de Verwaltungsopwand tëschent deene verschiddene Sozialsystemer reduzéieren. Den Ausgläich vun den Ausgabe géif esou „en bloc" gemaach ginn. Fir déi Betraffen a fir d'national Pensiounskeesen wär dëst eng enorm Vereinfachung.

Ee gemeinsamt europäescht Aarbechtsrecht

D'Europäesch Unioun schafft an enger Panoplie vu Beräicher zesummen – vum Eenheetsmarché bis Europol. Souwäit huet awer nach keng Generatioun et fäerdeg bruecht, ee gemeinsamt europäescht Aarbechtsrecht auszeschaffen. Aktuell besteet déi europäesch Sozialcharta vun 1961, déi als Géigesteck zu der europäescher Mënscherechtskonventioun d'Sozialrechter vun den europäesche Matbierger definéiert. D'Piraten wäerten sech dofir asetzen, ee gemeinsamt europäescht Aarbechtsrecht weiderhin op europäeschem Niveau ze thematiséieren an unzeschwätzen.

Schaffen a studéieren ouni Hindernisser

D'Pirate wëllen déi europäesch Schoulsystemer méi europäesch ausriichten. All europäeschen Ofschloss soll ähnlech Kritären erfëlle, fir dass Schüler sech gläichwäerteg op europäeschen Universitéiten an Héichschoule bewerbe kënnen.

Den eenheetleche Punktesystem (z.B. ECTS) ka genotzt ginn, fir um europäeschen Niveau definitiv Vergläicher tëschent Schüler ze maachen. Diplomer a berufflech Qualifikatiounen, déi an der EU erreecht gi sinn, mussen an all EU-Land méi einfach unerkannt a gläichgestallt kënne ginn.

Punkto Aarbecht soll all europäesche Bierger ouni bürokratesch Barrièrë kënnen an en Aarbechtsverhältnis erakommen, komplizeiert Aarbechtsgeneemegunge mussen

der Vergaangenheet ugehéieren. Dofir mussen de Gesondheetssecteur, Sozialsystemer an de Versécherungssecteur un d'Situatioun vum mobillen EU Bierger mat ugepasst ginn.

Wierklech Gläichstellung

Obwuel scho vill a punkto Gläichstellung tëscht alle Geschlechter gemaach ginn ass, ass d'Zil vun der Geschlechtergläichheet nach net wierklech erreecht.

D'Pirate setzen sech weiderhi fir eng selwecht Entlounung fir selwecht Aarbecht an, fuerdere méi Geschlechtergläichheet an héije Positiounen a flexibelen Aarbechtszäite fir jiddereen.

Des Weidere soll an der Educatioun e Schwéierpunkt drop gesat ginn, datt d'Förderung vun Talenter a Fäegkeeten net vu Geschlecht, Hierkonft oder sozialem Ëmfeld ofhängeg ass.

Anonym Bewerbunge förderen

Fir bei Virstellungsgespréicher ze vermeiden, datt Kandidate schonn am Virfeld wéinst Kritäre wéi Geschlecht, Äusserlechem oder Hierkonft ausgeschloss ginn, setzt d'Piratepartei sech fir anonym Bewerbungen a ganz Europa an. Esou kann de Patron sech viruerteelsfräi op d'Qualifikatioune vum Mënsch konzentréieren, deen e bei sech an d'Virstellungsgespréich komme loosse wëll.

D'Schoul op ee gemeinsamen Nenner bréngen

Fir d'Pirate wär et wichteg, eng wierklech Reform an der europäescher Bildungspolitik unzegoen an ee Minimalstandard fir gewëssen Kompetenzen anzeféieren. Hei sollt virun allem an de wëssenschaftlechen Disziplinnen ewéi Mathematik oder bei der sproochlecher Kompetenz vum Engleschen ee gemeinsamen Nenner fonnt ginn.

Och fuerdere mer ee méi konsequent Abanne vu Theme wéi der sexueller Orientéierung, der sexueller Identitéit an der Solidaritéit mat Minoritéiten an den Educatiounspläng. Et sollt hautdesdaags keen Tabu méi sinn, fir iwwert dës Themen ze schwätzen an et gëllt de jonke Mënsche scho fréi d'Angscht virum Aneschtsinn ze huelen an de Grondwäert vun der Toleranz méi nozebréngen.

Des Weidere muss all Schoul an Europa en Zougang zu engem Computer mat enger funktionéierender Internetverbindung sécherstellen, fir datt Kanner net opgrond vu finanzielle Grënn op d'Léiere mam Computer verzichte mussen. D'Léierpersonal an d'Schüler sollen zu all Moment op den Internet zréckgräife kënnen. Zesumme mat de Schüler soll d'Benotze vum Internet als Léierinstrument (Stëchwuert e-learning) gefërdert ginn.

Héichschoul an Universitéit

D'Fuerderunge vun de Piraten a Saachen Héichschoulpolitik ënnersträichen d'Prinzipie vun enger staarker Bildung fir jiddereen an enger demokratescher Matbestëmmung vun de Studenten.

Bildung ass d'Basis vun all opgekläerter Gesellschaft. No enger gratis an oppener Grond- a Sekondärsschoul ass eng universitär Educatioun méiglech. Hei zu Lëtzebuerg profitéiere mer dovunner, datt héichqualifizéiert Mënschen aus ganz Europa bei eis schaffen an denke kommen. Och profitéiere mer dovun, dass eis Studenten an aneren europäesch Länner hiren Horizont erweideren an mat neien Iddien op Lëtzebuerg zeréckkommen.

Dofir ass et wichteg, dass mer och op EU Niveau dofir suergen, dass Universitéitsstudien accessibel a qualitativ héichwäerteg sinn. Universitéitsstudien dierfen aus deem Grond net vun der finanzieller Stäerkt vun de Studenten ofhänken, ma mussen all Mënsch zur Verfügung stoen. Dofir dierfe finanziell Interesse keng Hürd si fir en Uni-Studium. Mer fuerderen dofir eng eenheetlech Gesetzgebung fir Studenteprêten an allen EU-Länner. All EU-Student soll fir säi Studium déi selwecht Mindestkonditiounen erfëlle mussen, fir ee Studenteprêt kënnen ze kréien.

D'Universitéit dierf awer och keng Platz sinn, wou Studenten enger Hierarchie ënnergestallt ginn. Am Géigendeel soll d'Universitéit eng Platz sinn, wou Selbstbestëmmung an demokratesch Matbestëmmung am Mëttelpunkt stinn. Dëst stäerkt net nëmmen d'Identifikatioun vun de Studente mat der Universitéit, mee dréit och zu engem erhéichten Demokratiebewosstsäi bäi.

E bessere Bolognasystem

Mat der Bolognareform ass versicht ginn, déi universitär Studien op ee gemeinsamen Nenner ze bréngen. De Bolognasystem huet awer vill Mängel, wat doru läit, dass et ënnerhalb vun der EU un enger gemeinsamer Approche an der Educatiounspolitik feelt. D'Qualitéit vun de Formatioune variéiert tëscht de Regiounen vill ze vill.

Sou ewéi d'Bildung net op der Grenz dierf Halt maachen, sou brauche mir eng Weiderentwécklung vun der Bologna-Reform, fir d'Feeler aus der Vergaangenheet ze behiewen a grenziwwerschreidend Bildung realiséierbar ze maachen.

D'Piratepartei fuerdert Ännerunge beim Bolognasystem a virun allem ee Stonneplang, dee 40 Stonne pro Virliesungswoch net iwwerschreiden dierf. Et ass absurd, datt d'EU am Aarbechtsrecht eng 40-Stonne-Woch virschreift, wärend d'Recommandatiounen vu Bologna awer an der Moyenne eng 48-Stonne-Woch fir Studente virgesinn.

Weiderhi mussen d'Reegele fir d'Bezuele vu Studente méi kloer gereegelt ginn. Dofir wënsche mer eis eng fair Entlounung fir Studenten a Stagiairen an der gesamter EU. Studente solle kee Stonneloun ënnert dem nationale Mindestloun erhaalen.

Sougenannte gratis Stagiairesplaatze mussen der Vergaangenheet ugehéieren. Fir dass d'Entreprisen awer weiderhin de Jonken d'Chance kënne ginn, fir an d'Beruffswelt eranzeklammen, sollen d'Ausbilder Primme kréien, fir esou d'Formatioun ze encouragéieren.

Besser Bildung a Fuerschung fir Europa

D'Qualitéit vun der Bildung an Europa profitéiert vun der internationaler Mobilitéit mam Austausch vu Studenten, Proffen a Fuerscher. Dofir musse Projeten wéi den ERASMUS+ weider ënnerstëtzt ginn.

Och ass eis gutt Ausbildung en Exportproduit, wann ee kuckt, wéi vill Net-EU-Bierger heihinner komme fir ze studéieren. Fir dësen Trend bäizebehale fuerdert d'Piratepartei, d'Unerkennung vun Diplomer a Studieresultater ze vereinfachen an gläichzäiteg d'Barrièrë fir Bildungs- a Fuerschungsvisa ze reduzéieren.

Wëssenschaftler sollten einfach a schnell kënnen an engem aneren europäesche Land schaffen. D'Europäesch Unioun soll di grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht tëscht Héichschoulen a Fuerschungsinstituter mat méi Geld förderen. Mat gemeinsame Projete kënne mir d'Attraktivitéit vun den europäeschen Héichschoule weider steigeren.

Ee gemeinsamen europäesche Contrôle Technique

Firwat musse mer, wa mer an d'Belsch fueren, ee Feierläscher am Auto hunn? Firwat ginn et an all EU-Land verschidden Oplagen am Contrôle Technique? D'Gesetzgebungen zum Stroosseverkéier bannent der EU sinn een eenzege Wirrwarr!

Mer Piraten schwätzen eis fir gemeinsam Reegelen an allen EU-Länner aus, fir dass endlech Eenheet a Kloerheet an de grenziwwerschreidende Stroosseverkéier kënnt. Dofir wëlle mer een europäesche Contrôle Technique, dee reegele soll, wat fir technesch Viraussetzungen een Auto muss hunn, wéi eng europäesch Pabeieren auszestelle sinn a wat d'Sécherheetsstandarde sinn, déi een an engem Auto ze respektéieren huet, wéi zum Beispill de Besëtz vu giele Gileten, engem Sécherheetsdräieck oder engem Feierläscher.

Dës Vereenheetlechunge sollen als Minimum EU-wäit gëllen, mam Zil zu enger Erhéijung vun der Sécherheet bäizedroen.

Déi verschidde Maut- a Vignettesystemer ofbauen

Mer Piraten wëllen an de Memberstaaten eng kloer europäesch Ofsprooch iwwert d'Reegelunge vu Peage- a Vignettesystemer. Di verschidde Maut- a Peagesystemer sollen ofgeschaaft ginn an d'Méiglechkeet vun engem gemeinsame Vignettesystem fir de ganzen europäesche Stroossereseau soll gepréift ginn.

Esou eng EU-Vignette soll de Benotzer vun enger Strooss ganz einfach iwwer Internet an awer och op Tankstellen a ganz Europa kafe kënnen. Déi Vignette soll benotzerfrëndlech an online souwéi offline benotzbar sinn. De Benotzer kéint dann per App d'Land auswielen, wou en fuere well, an sech déi Vignette kafen, déi e brauch. Déi eenzel europäesch Länner kënnen an esou engem Systemer hir national Tariffer bäibehalen, Peagen géifen ganz ofgeschaaft ginn.

D'Piraten denken hei u Mëttelen wéi ee QR-Code oder Techniken wéi Nahfeldkommunikatioun (NFC). Fir den Dateschutz vun de Fuerer ze garantéieren, sollen d'QR Code kryptéiert an da geläscht ginn, soubal d'Vignette ofleeft. Dës fir den Tracking vum Notzer ze verhënneren.

Passagéierrechter an allen Transportsecteure stäerken

Um Plang vun de Passagéierrechter huet d'EU scho vill ënnerholl, trotzdeem ass et nach e wäite Wee bis den Transportsecteur méi effizient a clientsorientéiert wäert sinn. D'Pirate fuerderen dowéinst méi staark Passagéierrechter an allen Transportsecteuren – ob Loft, Schinn, Strooss oder Waasser. Dofir mussen d'méiglech Strofen erhéicht ginn a Konsumente mussen d'Méiglechkeet vu Sammelkloe kréien.

Privatsphär an der EU héichhalen

Dateschutz muss fillbar a liefbar sinn an eng gesellschaftlech Akzeptanz op allen Niveaue gewannen. D'Zil muss et sinn, de Mënsche méi Muecht iwwert hir eegen Daten ze ginn.

D'Pirate setzen sech an, fir e méiglechst staarken Dateschutz, deen awer net wéi GDPR en Bürokratiemonster dierf sinn. Mir fuerdere Vereinfachunge fir Veräiner, kleng a mëttelstänneg Betriber an eng Stäerkung vu Konsumenterechter vis-à-vis vun de groussen Datekraken. D'Pirate wëlle Vorratsdatespäicherung verbidden an den Austausch vun Daten mat den USA, soulaang dës Daten net besser geschützt ginn, méi schwéier maachen.

Raum fir Diversitéit garantéieren

Diversitéit ass ee vun den zentrale Wäerter vun der Europäescher Unioun. Fräiheet a Gläichbehandlung sollt fir jidder eenzelen, onofhängeg vu Glawen, Relioun oder Weltuschauung, garantéiert sinn. An den Ae vun der Piratepartei sinn ëmmer méi Länner an der Europäescher Unioun um richtege Wee. Sou ass zum Beispill d'Reform vum Bestietnis a groussen Deeler vun der EU schonns Realitéit. D'Piratepartei fuerdert och eng besonnesch Opmierksamkeet fir d'Rechter vun LGBTIQ-Koppelen an engem Bestietnis oder engem Partenariat. Dës sollen an alle Länner vun der EU unerkannt ginn.

Opwäichung vun der binärer Geschlechterkategoriséierung

Vill intersexuell Mënschen, déi bei hirer Gebuert kengem Geschlecht eendeiteg zougewise konnte ginn, goufen zum Mann oder zur Fra operéiert, laang éier se selwer woussten, wat se eigentlech sinn. Ethesch gesinn, ass et een net gerechtfäerdegten Agréff an d'Perséinlechkeetsrecht vun engem Mënsch, wann hien bei senger Gebuert opgrond vu senger kierperlecher Konstitutioun um Etat civil an eng binär Geschlechterkategorie ageuerdnet gëtt.

D'Piraten droen d'Fuerderung vum Europarot, bei Klassifizéierung vu Persounen no Geschlecht Flexibilitéit walten ze loossen, mat. Mir favoriséieren eng Léisung bei der méi Geschlechter ewéi just „männlech" oder „weiblech" méiglech sinn.

Inclusioun

D'Pirate setzen sech fir eng Gesellschaft ouni Barrièren an Hürden an, an där sech och Mënsche mat kierperlechen oder geeschtege Behënnerunge fräi vun Diskriminéierung a Stigmatiséierung mat de gläiche Chancen entfale kënne wéi all aner Persounen. Eng Behënnerung dierf keng Aschränkung sinn an de Gesetzgeber muss mat alle Mëttelen dofir suergen, datt all Mënsch e selbstbestëmmt Liewe féiere kann.

No der Iddie vun der UN-Behënnerterechtskonventioun soll Lëtzebuerg all néideg Mesuren huele fir d'Inclusioun vun all Mënsch mat enger Behënnerung ze garantéieren a sou déi sozial a politesch Participatioun ze erméiglechen.

Den Zougang zu den EU-Fongen vereinfachen

Den Accès fir eng Finanzéierung vu Projeten duerch EU-Fongen muss administrativ vereinfacht ginn. Et muss méiglech sinn, d'Demande fir ee Fong ouni vill Paperassen iwwert den Internet kënnen unzefroen.

European Youth Program

Näischt verbënnt d'EU méi, wéi d'Frëndschaften an d'Léift, déi tëscht senge Bierger entstinn. D'Piraten ënnerstëtzen d'Iddi vun der Aféierung vun engem European Youth Program. An dësem Programm soll all EU-Bierger, bevir en 25 gëtt, mindestens 4 Wochen un engem interkulturelle Programm mat anere Jonken aus der EU deelhuelen. Esou ee Programm géif de jonken Europäer d'Iddi vun der europäescher Freizügegkeet méi no bréngen, Viruerteeler ofbauen an et hinnen erlaben Kontakter mat anere Kulturen ze sammelen.

3. Europa fair a sozial

D'Pirate setzen sech dofir an, dass all d'Bierger vum Wuelstand an der EU profitéiere kënnen. Fir dëst ëmzesetzen, brauch d'EU méi Befugnisser fir d'Gestaltung vum Aarbechtsrecht souwéi an der Familljen- a Bildungspolitik. Mat gemeinsame Qualitéitsstandards kann Europa méi fair a sozial ginn!

Fir ee bedéngungslost Grondakommes an der EU

De Problem: All Mënsch huet d'Recht op eng sécher Existenz a gesellschaftlech Participatioun. Ee Mënsch kann nëmmen a Würd liewen, wa fir seng Grondbedierfnisser gesuergt an him eng gesellschaftlech Participatioun méiglech ass. An eiser Geldwirtschaft ass dozou en Akommes noutwenneg.

Wann een Akommes nëmmen duerch Aarbecht erzielt ka ginn, muss zur Sécherung vun der Würd vun alle Mënsche awer Vollbeschäftegung herrschen. Ënnert dëser Viraussetzung ass Vollbeschäftegung bis elo ee grousst Zil vun der Wirtschaftspolitik. Mee mir kënnen net méi drop setzen, datt eng staark Ekonomie schonns iergendwéi fir Vollbeschäftegung suerge wäert.

D'Nofro no Aarbecht gëtt op laang Siicht méi kleng. Duerch Automatiséierung an Optimiséierung verschwannen ëmmer méi Aarbechtsplazen an Aarbecht gëtt ëmmer méi vu Maschinne gemaach. Dëst bedeit, datt ëmmer manner Mënsche kennen eng 40-Stonne- Woch leeschten. Als Konsequenz musse mir mat engem méi héijen Aarbechtslosentaux oder mat méi kuerzen Aarbechtswochen eens ginn. Mir brauchen dofir nei Léisungen, déi der steigender Automatiséierung an dem technesche Fortschrëtt gerecht ginn.

Donieft detachéiert sech d'kulturell Produktioun vum Marché. Ëmmer méi kulturell wichteg Produiten, wéi z.B. d'online Enzyklopedie Wikipedia oder Open Source Projete wéi de Betribssystem Linux baséieren op fräiwëlleger Aarbecht vun dausende vu Contributeuren. Dëst ass en Trend, dee weist, datt vill Mënsche de Wonsch hunn, sech onofhängeg vun enger klassescher bezuelter Aarbecht ze betätegen. Hiren Engagement musse mir begleeden an esou dofir suergen, datt keen an d'Aarmut rutscht, obwuel en allgemeng wäertvoll Aarbecht leescht.

Mir Pirate sinn der Iwwerzeegung, datt eng iwwerwältegend Majoritéit vu Mënschen eng sécher Existenz als Grondlag fir d'Entfale vun hire wirtschaftlechen a soziale Potentialer notze wäert. Eng sécher Existenz schaaft Fräiraum fir selbstbestëmmten Educatioun a Fuerschung souwéi ekonomesch Innovatioun. Se erliichtert an erméiglecht éierenamtlech Engagement, beispillsweis d'Fleeg vun eelere Persounen, d'Erzéiung vu Kanner, onofhängege Journalismus, politesch Aktivitéit oder d'Schafe vu Konscht a fräier Software. Heivunner profitéiert di ganz Gesellschaft.

D'Léisung: D'Piratepartei setzt sech fir en bedéngongslost Grondakommes fir jiddereen an, fir eng sécher Existenz, gesellschaftlech Participatioun souwéi ekonomesch Fräiheet ze erméiglechen. E Grondakommes ass en Akommes, wat all Bierger – ouni Géigeleeschtung vum Staat – ausbezuelt kritt. Dëst verhënnert net de Räichtum, mee d'Aarmut.

E Grondakommes offréiert eng Léisung fir déi virdru genannte Problemer vun engem digitaliséierten, automatiséierten a globale Marché. Wou fréier Maartineffizienzen dozou gefouert hunn, datt méi Leit konnte beschäftegt ginn, huet d'Technologiséierung dozou gefouert, datt ëmmer méi Ineffizienze verschwannen. Et geet esou wäit, datt iwwer Internet villes "gratis" oder bal "gratis" ass.

D'Grondakommes ass eng Léisung fir dës Entwécklung positiv ze begleeden. Engersäits garantéiert de System jidderengem e Mindestakommes. Anerersäits lount sech d'Aarbecht ab dem éischten Euro, deen ee verdénge kann, ganz am Contraire zum aktuelle System. Och benéidegt e System mat Grondakommes keng Vollbeschäftegung méi, mee encouragéiert souguer Deelzäitaarbecht an erméiglecht sou méi perséinlech Fräiheet a selbstbestëmmt Participatioun um Aarbechtsmarché.

Doriwwer eraus valoriséiert e Grondakommes de Benevolat, well och gesellschaftlech wichteg, mee onbezuelten Aarbecht, iwwer d'Grondakommes d'Grondbedierfnisser séchert. D'Piratepartei schwätzt sech kloer fir e Grondakommes als konsequente Neistart vun eisem Sozialsystem aus.

Eis Iddie vum Grondakommes kann iwwer d'Aféiere vun enger negativer Akommessteier finanzéiert ginn. Dëst bedeit, datt de Steiersystem fir jidderee vill méi einfach gëtt. No dësem Steiersystem bezilt eng Persoun eréischt ab enger gewëssener Héicht Steieren – wien manner verdéngt wéi d'Héicht vum Fräibetrag, kritt Steieren ausbezuelt. Wien méi verdéngt, bezilt op sengem Akommes de Steiersaz.

Doduerch kritt jidderee ee Grondakommes ausbezuelt, wat sech an all Fall dann awer mat de bezuelte Steiere vum vereinfachte Steiermodell géif verrechnen. Eng Persoun, déi manner wéi oder genee de Fräibetrag géif verdéngen, bréicht also keng Steiere op hirem Verdéngscht ze bezuele. Si hätt also d'Grondakommes plus hirt Akommes an der Täsch, ee Netto-Gewënn. Eng Persoun, déi awer méi verdéngt, wéi de Fräibetrag, misst an dem Fall Steiere bezuelen.

De System huet d'Eleganz, datt en eng sozial Progressioun vun der bezuelter Steier mat engem eenzegen a faire Steiersaz kombinéiert an dobäi och nach d'Grondakommes finanzéiert gëtt. Duerch de System vum Grondakommes kéinten d'Lounkäschte fir d'Entreprisen massiv erofgesat ginn, wat zum engem den Entreprisen entgéint kënnt an een äusserst effektivt Instrument an der Relance vun der Kompetitivitéit kënnt ginn. Steierklassen, Splitting, Plafong oder „Assiette de base" wären dann eng Saach vun der Vergaangenheet an eng Steiererklärung géing iwwerflësseg ginn. Dëst huet eng administrativ Vereinfachung vum Sozialstaat zur Folge, mat Erspuernisser am bürokrateschen Oflaf bei de Behörden, Entreprisen a Privatpersounen.

<u>D'Grondakommes regional testen</u>

D'Piratepartei wëll sech dofir asetzen, dass an deenen eenzelen EU-Staaten den Terrain an der nächster Legislatur bereet gemaacht gëtt, fir d'Grondakommes ze erschafen. Mer fuerderen dofir ee Fong, dee genotzt sollt ginn, fir d'Grondakommes a verschiddenen Regiounen an Europa ze testen. D'Experiment sollt a mindestens zwou NUTS 3 Regiounen an all EU-Land agefouert ginn.

Bei der Vergab vum Test-Grondakommes solle virun allem méi strukturschwaach Regiounen bevirzucht ginn. D'Experiement soll duerch eng interdisziplinär Ekipp vu Wëssenschaftler begleet

ginn. D'Dauer vum Experiment sollt mindestens eng Legislaturperiod bedroen an de Montant vum Test-Grondakommes sollt un d'Käschte vun de jeeweileger Regioun ugepasst sinn.

Den éischte Schrëtt: een europäesche Mindestloun

Bis zum Aféiere vum bedéngungslose Grondakommes setze mir eis fir een europäeschen, awer de regionale Käschten ugepasste Mindestloun an. Mat dësem soll de Lounwettbewerb agedämmt ginn mam Zil fir mënschewürdeg Aarbecht- a Liewensverhältnisser ze suergen. Genausou ewéi d'Grondakommes wäert och d'Bannennofro an der EU domadden erhéijt ginn.

Een europäesche Wärungsfong géint Krisen

De Junker-Plang war geplangt als Investitiounsoffensive vun der EU. Bis elo ass awer nach net vill vun der Offensive bei de Bierger ukomm. Aplaz dorobber ze warden, zukünfteg Krisen ze meeschteren, wär et méi effizient dës Fongen an eng gutt wirtschaftlech Zukunft ze investéieren, fir d'Aarbechtslosegkeet an Europa aktiv ze bekämpfen. D'Pirate fuerderen dofir ee Währungskriisefong, deen Austeritéitspolitiken wärend Krisenzäiten deckelt an dee fir strukturell Investitiounen an den EU-Memberstaaten genotzt ka ginn.

Verhënnere vun deloyaler Konkurrenz

Et däerf net sinn, dass den Acquis vun der sozialer Maartwirtschaft an Europa der Kompetitivitéit zwëschen de Memberlänner zum Opfer fällt. D'Striewe fir méi Mobilitéit fir Employée soll net zur Ausbeutung vu Friemaarbechter oder zur Erosioun vun eisem Aarbechtsmaart féieren. Den aktuelle Fléckenteppech u Regelunge fir Mobilitéit a Migratioun féiert leider zu Mësshandlungen a Mëssbrauch.

Mir brauchen eng Vereinfachung vun den Aarbechtsplazreegelen ouni den Acquis a Fro ze stellen. D'Regele mussen einfach, kloer a verständlech sinn, sou, datt all europäeschen Employé seng Rechter ka wouerhuelen. Gläichzäiteg musse Scheinkonstruktiounen, ewéi d'Scheinselbststännegkeet oder onendlech Soustraitancen ageschränkt ginn, fir deloyal Konkurrenz ze verhënneren.

Ee gemeinsamt europäescht Familljerecht

D'Piratepartei well, dass d'Familljepolitik an de Kompetenzberäich vun der Europäescher Unioun gesat gëtt. Eng gemeinsam Familljepolitik erméiglecht alle Bierger déi selwecht Rechter an domadder de selwechte Schutz an allen EU-Staaten. Dëst betrefft gemeinsam Richtlinnen an engem breede Spektrum vun Themen, wéi zum Beispill Scheedung, Kannerentféierung, Ënnerhaltskäschten, Verméigensobdeelung, Bestietnis an d'Liewen an enger Koppel.

Selbstbestëmmung am drëtten Alter

D'Pirate wëllen, dass d'Mënschen am drëtten Alter selwer bestëmme kënnen, wou se liewe wëllen. Dozou gehéiert och, dass se kënnen hir Begleetstrukturen auswielen, egal a wéi engem EU-Land dës sinn. Déi administrativ a legal Barrièren heizou mussen ofgebaut ginn.

Pensioune sécheren

Lëtzebuerg entscheet selwer iwwert d'Struktur vu sengem Pensiounssystem. Bannent der Eurozone sinn awer zukunftsfäeg Pensiounen ee Garant fir d'Stabilitéit vun eiser Wärung. Dofir fuerdert d'Piratepartei, den Euro-Stabilitéitspakt ze erweideren, fir vun den Eurolänner eng zukunftsfäeg a bezuelbar Pensioun ze fuerderen. Eng zukunftsfäeg Pensioun berücksichtegt nei Aarbechtsmuster an eng proportional Participatioun vun alle Generatiounen.

Altersaarmut verhënneren

D'Pirate setzen sech dofir an, d'Altersaarmut ze verhënneren. D'Mindestrenten an all EU-Land muss op ee Minimum ugepasst ginn fir ze verhënneren dat Mënschen, déi hiert Liewe laang zum Wuel vun der EU bäigedroen hunn, an d'Aarmut ofrëtschen an op der Strooss landen. Dozou soll ee spezielle Fong fir Altersaarmut op EU-Niveau agefouert ginn.

Keen op der Strooss zeréck loossen

D'Aarmut an Europa ass ee fillbare Phänomen fir vill Matbierger – sief et zu Lëtzebuerg oder sos zueschaanescht an der EU. D'Europa-2020-Strategie geet eis hei net wäit genuch a mer wëllen, dass all Mënsch, egal a wéi engem EU-Land, mindestens seng Grondbedierfnisser erfëlle kann. D'Zil muss et sinn, dass jidderee eng waarm an dréche Schlofplaatz zur Verfügung gestall kritt an mat Iessen a Gedrénks versuergt ass. Keen soll weiderhi mussen op der Strooss schlofen. D'EU soll sech mat engem Fong fir d'Liewen op der Strooss méi Méiglechkeete ginn, fir de Läit op der Strooss ze hëllefen.

Patenter reforméieren

D'Pirate stellen sech dem aktuelle Fonctionnement vum Patentrecht entgéint. Generell ass een Ofbau vu Monopoler an eng Ëffnung vun de Marchéen een erkläert politescht Ziel vun de Piraten. Patenter stelle grondsätzlech eng kënschtlech Aschränkung vum Allgemengwuel duer, well d'Patentéiere vu Wëssen, wéi zum Beispill an der Genetik oder an der Biotechnologie, eng Gefor fir d'Entwécklung vun eiser Gesellschaft ass.

D'Patentéiere vun Trivialitéiten oder souguer Blockade vum Fortschrëtt duerch Patenter soll ënner allen Ëmstänn verhënnert ginn. Aus dëse Grënn schwätzen sech d'Pirate géint Patenter op Liewenszäit aus an och op souer, déi sech op Liewewiesen, Genen, Geschäftsiddien, Medikamenter an och op Software bezéien. Als Ersatz fuerdere mer den Opbau vun alternative Methode mam Zil Innovatioun ze förderen andeems Ureizer geschafe ginn.

D'Patentrecht a senger jëtzeger Form muss reforméiert ginn a soll net fir trivial Erfannungen, wéi Geschäftsmodeller, Computeren oder Planze gëllen. An deem Kontext sollen Universitéiten a Fuerschungsinstituter an hire Recherchen net duerch d'Patenter belaascht ginn.

Bildung a fräit Wëssen

Eng gebilten a fräidenkend Gesellschaft ass d'Viraussetzung fir d'Oprechterhale vun Demokratie, Wuelstand, sozialem Zesummenhalt a schlussendlech dem Erfolleg vun der europäescher Integratioun. D'Pirate striewen een universellen Zougang zu qualitativ héichwäerteger Bildung an der gesamter EU un, fir alle Mënschen d'Méiglechkeet ze ginn, sech perséinlech weiderzëentwéckelen.

D'Ausliewe vun der Mobilitéit ass ee wichtege Facteur fir déi perséinlech Weiderbildung an d'Verständnis vun Europa. Et sollt Usus ginn, dass Enseignante vun allen Schoulniveaue minimum ee Semester am Ausland Kure ginn hunn. De Bildungssystem muss de Bierger d'Moyene fir en selbstbestëmmte Liewen an eiser Gesellschaft ginn. Dozou gehéieren och d'Verständnis vu Recht, Finanzen a Medien. Duerch eng gutt Bildung kennen d'Mënsche méi resistent géint Propaganda a psychologesch Manipulatioun gemaacht ginn.

Doriwwer eraus ass et wichteg, d'Schoul fir jiddereen zougänglech ze maachen. Ee Wee ass mat fräie Lizenzen an der Digitaliséierung vun der Bildung an de Léierressourcen d'Schoul fir jiddereen opzemaachen. D'Pirate wäerten an deem Kontext innovativ Bildungsmodeller vun eenzele Memberstaaten op EU-Niveau förderen.

D'Stagiairen unerkennen

D'Piraten ënnerstëtzen d'Positioun, dass Stagen, ob am Studium oder op fräiwëlleger Basis, solle bezuelt ginn. De Stage ass ee wichtegt Mëttel, fir de Studenten eng éischt Beruffserfarung an hirer Fachrichtung kënnen ze bidden. Gläichzäiteg profitéieren awer och Betriber vun de Stagiairen, well si qualifizéiert Personal fir ee Brochdeel vun de Käschte vun enger normaler Persoun astellen.

D'Pirate fuerderen, dass innerhalb vun Europa jiddwer Stagiaire, jee no Qualifikatioun vum Student, soll fair bezuelt ginn. D'Bezuelung sollt sech un de reelle Liewenskäschten unhand vum Mindestloun vum jeeweilegen EU-Land orientéieren. Dës Weidere soll bei enger Weiderbeschäftegung vum Stagiaire d'Stagezäit an d'Periode d'Essai vum folgenden Aarbechtskontrakt berechent ginn.

Cannabis europawäit mindestens entkriminaliséieren

D'Drogepolitik am Bezuch zum Cannabis an Europa ass een eenzege Chaos. An deenen eenzelen EU-Staaten sinn Besëtz, Akaf a Konsum vun Drogen anescht gesetzlech festgeluecht. D'EU brauch hei eng kloer gemeinsam Linn, fir sech neutral an effektiv mat der Drogeproblematik auserneenzesetzen. Den Ënnerscheed tëscht erlaabten a verbuedenen Droge berout méi op Traditioun, wéi op medezineschen a wëssenschaftlechen Tatsaachen. Eng Kriminaliséierung op dëser Basis refuséiert d'Piratepartei dowéinst. Dofir aplaz fuerdere mir een Entkriminaliséiere vum rekreativen Hanf an

eng konsequent Opklärungs- a Präventiounsaarbecht als Grondsteen vun enger moderner Drogepolitik.

4. Europa digital

D'Informatiounszäitalter bréngt vill onbekannte Méiglechkeete mat sech fir eis Gesellschaft ze veränneren. Gläichzäiteg existéieren dobausse Gruppen, déi dës Entwécklung manipuléiere wëllen. D'Pirate stellen sech géint d'Regulatiounen, déi d'Zil hunn, Benotzerrechter anzeschränken, wärend grouss Entreprisen an Autokratien hir Muecht ausbauen.

Fräien Internetaccès als Grondrecht definéieren

Fir aktiv an der Gesellschaft participéieren ze kënnen, ass den Zougang zum Internet eng Grondviraussetzung. Onlinerecherche vu Schüler fir d'Schoul oder och en einfacht "Sech-informéieren" vun Erwuessenen ass ouni Internet bal ondenkbar. Mir wëllen dofir "d'Recht op digital Teilhabe" an der Europäescher Grondrechtscharta verankeren an den europawäiten Ausbau vun enger leeschtungsstaarker Kommunikatiounsinfrastruktur duerch d'EU méi staark förderen.

Piratepartei trëtt duerfir an, datt och digital Kommunikatioun vum Grondrecht couvréiert gëtt a geschützt muss ginn. De Message ass kloer: den Internet ass fräi a fir jiddereen.

Gratis Wifi

Op den ëffentleche Platzen an Europa soll jiddweree kennen iwwert gratis Hotspotten am Internet surfen.

Privatsphär schützen

D'Piratepartei huet zanter hirer Grënnung 2009 d'Privatsphäre mat op hire Fändel geschriwwen. De Schutz vun der Privatsphäre ass de Schutz vun eiser Fräiheet, an eng rechtlech Garantie op fräi Meenungsäusserung. De Schutz vun der Privatsphäre an de Schutz vu persounebezunnen Donnéeën am digitalen Zäitalter stinn am Mëttelpunkt vun de Biergerrechter.

D'Pirate sinn der Meenung, dass d'Masseniwwerwaachung der Vergaangenheet ugehéiere muss. Dofir muss dat exzessiivt Sammelen a Späichere vun Donnéeë ënnerbonne ginn. Mir setzen eis an deem Kontext och géint den Ausbau vu Kameraen op ëffentleche Platzen an a wëllen all Mesure verhënneren, déi zu neien a méi strengen Iwwerwaachungsmesure féieren.

An dësem Kontext mussen eis Donnéeën net nëmmen an der EU, mee och virun Drëttlänner geschützt ginn. Länner, déi d'Mënscherechter systematesch ënnerdrécken, solle keen Accès op perséinlech Donnéeë vun EU-Bierger kréien.

Doriwwer eraus setzen d'Piraten sech am Beräich vun der e-Privacy an. Och hei leene mer all Versuch vu Kommunikatiounsiwwerwaachung of. D'Sammele vun Donnéeë fir Datenhandel, Maartrecherchen oder Ëmfroen dierfen nëmme mam Averständnis vun de betraffene Persounen erhuewe ginn.

Reform vum Urheber- a Patentrecht

D'Urheberrecht an dat angelsächsegt Copyright sinn haut méi en Outil d'Verbreedung vu Kultur a Wëssen ze verhënneren an den Zougréff dorop ze monopoliséieren, wéi dofir ze suergen, datt Auteuren e gerechte Loun fir hier Konscht erhalen.

Modern Technologien, déi e verloschtfräit Kopéieren an Austausche vu Kultur a Wëssen erlabe, sinn eng eemoleg Chance fir jiddereen, onofhängeg vu finanzielle Méiglechkeeten, un der kultureller Villfalt Deel ze huelen an sech ze bilden. D'Piratepartei ënnerstëtzt eng fräi Bildung an den oppenen Accès zur Kultur a fuerdert dowéinst eng radikal Reform vun nationalen, europäeschen an internationale Reegelen zum Urheberrecht a Copyright.

Déi nei europäesch Copyright Direktiv lehnen d'Piraten of, well se d'Balance tëscht Kreativen a Benotzer net hierstellt. Mir fuerderen, datt dës nei verhandelt gëtt!

D'Piratepartei fuerdert kuerzfristeg och d'Kierzung vun alle Schutzfristen op d'Minima, wéi se an den TRIPS a WIPO Traitéë virgesinn sinn. Mëttelfristeg sollen dës Traitéen nei ausgehandelt ginn. D'Zil ass d'Schutzfristen op maximal 14 Joer ab Umeldung vun engem Wierk ze kierzen – dës Frist huet sech als déi ekonomesch optimaalsten erausgestallt. D'Frist soll weiderhin an zwee ënnerdeelt ginn: eng éischt Frist vu siwe Joer an eng zweet vu siwe Joer, déi awer explizit nach eemol muss ugefrot ginn. Dëst féiert zu méi Kloerheet wat d'Rechter ugeet, grad am Beräich vu sougenannte verweesste Wierker wou den Auteur vum Wierk net méi ze identifizéieren ass. Mat dëser Reegelung falen esou Wierker an d'Public Domain a kënnen esou vu jidderengem genotzt ginn, ouni restriktiv Urheberrechtsreegelungen.

Gläichzäiteg insistéiert d'Piratepartei drop de privaten Austausch vun Dateien ("Filesharing") ze legaliséieren. Dës gräift net an d'moralesch Rechter vun de Createuren an a limitéiert sech op déi net-kommerziell Notzung.

Des Weidere fuerdere mir, datt kopéiergeschützte Produiten net dierfe vum Verkaf zu Lëtzebuerg ausgeholl ginn. Do dernieft striewe mir eng europäesch Direktive un, déi esou e Kopéierschutz ("DRM") fir digital Produite generell verbitt. Nëmmen esou kann déi sougenannten First-Sale-Doktrin erëm Applikatioun fannen an digital Musek oder Filmer weiderverkaf oder verierft ginn.

Copyright

Mir Pirate wëllen ee fairt an ausgeglachent Copyright-Gesetz, dat d'Intressie vun eiser Gesellschaft erëmspigelt an Informatiounsmonopoler ofschaaft. Dat aktuellt Copyright Gesetz gëtt senger Funktioun, Innovatioun ze förderen, net gerecht a spillt virun allem e puer wéinege Privilegéierten an d'Hänn.

D'Piraten hunn als Zil een Ëmfeld ze erschaffen, wou d'Motivatioun ze innovéieren an ze schaffen, Hand an Hand geet mat engem fräien Informatiounszougang. Fir déi sozial, technologesch a wirtschaftlech Entwécklung vun eiser Gesellschaft ze förderе musse mer den ëffentlechen Accès op

Informatioun, Wëssen a Kultur verbesseren. D'Kopéieren, d'Späicheren, d'Benotzen an den Accès zu Literatur- a Konschtwierker muss net nëmme legaliséiert, mee och gesetzlech geschützt a promouvéiert ginn. Jidderee sollt d'Méiglechkeet hunn, säi kulturellt Ierwen ouni gesetzlech Hindernisser ze verbreeden.

De kommerzielle Monopol vum Copyright muss op ee raisonnabelen Delai reduzéiert ginn. Dovunner derivéierend Wierker mussen awer erlaabt bleiwen an Exceptiounen musse speziell gesetzlech festgeluecht ginn. Nei Monopoler solle verhënnert ginn.

Den Internet kennt keng national Grenzen. Mir betruechten déi kënschtlech Lännergrenzen am Internet bannent dem europäesche Bannemaart als Hindernis fir d'europäesch Integratioun a fuerderen ee gemeinsamt europäescht Copyrightgesetz fir europäesch Copyrightmonopoler an der EU opzebriechen. De Saaz "Dieses Video ist in Ihrem Land nicht verfügbar" soll an Zukunft der Vergaangenheet ugehéieren.

Eng weider Monopoliséierung vun Informatiounen a Kultur muss gestoppt ginn. Mir brauchen dofir eng Reguléierung duerch de Staat, deen d'Monopolrechter just an Ausnamesituatiounen zouerkenne respektiv oprechterhalen dierf, wann dës dem Interessi vun der Allgemengheet net entgéint steet. Ausnamen dierfe just zäitlech begrenzt sinn a kënnen net réckwierkend inhaltlech oder zäitlech erweidert ginn.

D'Pirate sinn sech bewosst, dass dat soziaalt Liewen ëmmer méi am Internet stattfënnt. Dofir soll déi digital Welt net duerch Exklusivrechter hir Fräiheeten entzunn kréien. D'Informatiounsfräiheet, a Form vum fräie Verlinke vun Inhalter oder duerch d'Erstelle vu Parodien, Zitater, a Remixing soll vum kommerzielle Copyrightmonopol ausgeholl ginn. Déi europäesch Verwäertungsgesellschafte mussen hire Memberen een transparent a verständlecht Matbestëmmungsrecht an de Kënschtler fair Kontrakter ubidden.

<u>Ofschafe vun der Vorratsdatespäicherung</u>

Säit 2005 an 2009 ginn an der kompletter EU Internet Service Provideren per Gesetz gezwongen, all Verbindungsdonnéeë vun alle Benotzer an hirem Reseau fir op mannst 6 Méint ze späicheren. Dëst bedeit, datt eng Onmass vun Donnéeë gespäichert ginn (zum Beispill mat wiem ee wéi laang, um wéi vill Auer, vu wéi enger Plaz telefonéiert huet, wéini een sech wéi laang am Internet verbonnen huet, oder mat wéi engem Reseau een sech verbonnen huet).

Nieft der Verletzung vun der Onscholdsvermuddung konnten d'EU-Memberlänner bis haut net beweisen, datt d'Vorratsdatenspäicherung zu enger Reduktioun vun der schwéierer Kriminalitéit bäidréit. D'Piratepartei setzt sech dofir fir d'Aussetze vun der Vorratsdatespäicherung zu Lëtzebuerg an.

Den Europäesche Geriichtshaff (EuGH) huet net nëmmen eng Kéier (am Joer 2014), mee esouguer zweemol (nach eng Kéier am Dezember 2016) den EU-Memberstaaten erkläert, datt déi onbegrënnte Vorratsdatespäicherung net mat de fundamentale Rechter vun de Bierger ze vereenen ass.

Nodeems déi Gréng hiert Walversprieche vun der Ofschafung vun der onbegrënnter Vorratsdatespäicherung net agehalen hunn, verlaange mir, datt dat Gesetz elo esou séier wéi méiglech ofgeschaaft gëtt an datt Lëtzebuerg sech parallel op europäeschem Niveau dofir staark mécht, datt an der EU eng Reglementéierung fonnt gëtt, déi esou Gesetzer ënnerbënnt.

Zensur

Zensurprogrammer an Europa an iwwert Grenzen eraus leene mer Pirate strikt of. An deem Zesummenhang wäerte mir Exporter vun Iwwerwaachungs- an Zensurtechnologien a Länner, déi d'Mënscherechter ënnerdrécken, méi streng kontrolléieren.

Netzneutralitéit

All Iwwerwaachung vum Internet bedeit eng Beschneidung vum Recht op frei Meenungsäusserung an ass domadder fir d'Piratepartei inakzeptabel.

D'Pirate wieren sech géint d'Ëmsetzung vun der neier Copyright Directive souwéi géint all Gesetz, dat d'Zil huet den Internet ze zenséieren. All Versuch, Inhalter duerch automatesch Filteren oder Organisatioune läschen ze loosen, wäerte mer net akzeptéieren.

Dës Weidere setze mer eis dofir an, dass den Internet fräi a fir jiddereen zougänglech bléift. En diskriminéierungsfräien Zougang zum Internet muss an der gesamter EU fir jidderee séchergestallt ginn. All Bierger muss Zougang zu enger fräier Internetverbindung erhale kënnen.

Beim europawäiten Ausbau vun den Netzer an hirer Moderniséierung dierf et net zu enger Monopoliséierung vun der Kommunikatiounsinfrastruktur kommen. Mir leenen all Aschränkung of, duerch déi Inhalter anere virgezu ginn, sief et wéinst dem Contenu oder wéinst dem geographesche Standuert vum Déngschtleeschter oder Benotzer.

Dës Weidere soll all Benotzer d'Recht hunn, seng elektronesch Geräter reparéieren a veränneren ze kënnen. Bei Geräter, déi nët méi vum Fabrikant aktualiséiert an ënnerhale ginn, soll de Notzer d'Recht kréien de Code vum Produit ze kennen, fir selwer kënnen drun ze schaffen.

Open Access

D'Piratepartei setzt sech fir den allgemengen a fräien Zougang zu allen aus Steiergelder finanzéierte Fuerschungsresultater nom Open Access Prinzip an. D'Resultater vu komplett oder deelweis ëffentlech finanzéierter Fuerschung mussen an Open-Access-Fachzäitschrëften oder an anerer Form veröffentlecht ginn, déi fir di breet Bevëlkerung gratis a liicht zougänglech ass.

Fir d'Veröffentleche vu wëssenschaftleche Resultater am Kader vun Open Access ze fiederen, soll als Moossnam en allgemengt Open Access Magazin nom Virbild vu PLOS One a mat Hëllef vun ëffentleche Mëttel gestart ginn.

Och fuerdere mir d'Rechter vun den Auteuren (z. B. archivéieren um eegene Site) ze stäerken. Des Moossname reduzéieren d'Käschte fir Fuerscher ouni grouss finanziell Ressourcen an ënnerstëtzen domat de Fuerschungsstanduert vun der Europäescher Unioun.

Open Data

All d'Donnéeën, déi zum ëffentlechen Notzen erstallt goufen, sollen onofhängeg vun hirer Hierkonft fir eng breet Ëffentlechkeet fräi zougänglech sinn an daat esou laang wéi keng perséinlech Donnéeën ouni Zoustëmmung vun de Betraffenen oppe geluecht ginn. D'Donnée sollen an enger gëeegenter Form zougänglech gemaacht ginn. Den Zougang dierf net duerch Gebühren, besonnesch Lizenzbedingungen, opwenneg Zougangsberechtegungmesuren oder duerch technesch Mëttel begrenzt ginn.

Mir Pirate striewen een Informatiounsfräiheetsgesetz op EU-Niveau un, dat kritesch Bestanddeeler vun der aktueller EU-Veruerdnung ofschafe soll, déi Barrière fir den Zougang zu Informatiounen duerstellen, wéi beispillsweis d'Definitioun vum Begrëff "Dokument" an d'Frist fir d'Areeche vu Beschwierden.

Open Source

D'Pirate schwätzen sech fir d'Benotzung vu Software aus, déi vu jidderengem benotzt, analyséiert, verbreet a modifizéiert ka ginn. *Freie Libre Open Source Software (FLOSS)* ass wesentlech dofir, datt d'Notzer d'Kontroll iwwert hir eegen technesch Systemer hunn a leescht e wesentleche Beitrag zur Stäerkung vun der Autonomie an der Privatsphär vun allen Notzer.

Iwwerdeems wëlle mer dorobber awierken, datt Bestëmmungen an Handelsofkommes geschloss ginn, déi den Asaz an d'Entwécklung vun oppene Formater a fräier Libre Open Source Software ënnerstëtzen an d'géigesäiteg Unerkennung vun neiaartege Lizenzmodeller, wéi z.B. Creative Commons, fiederen.

Dës Weidere soll d'Fuerschung, d'Entwécklung an d'Ëmsetzung vun Open Source ëffentlech matfinanzéiert ginn. D'Pirate setzen sech an dem Kontext fir eng Erhéijung vun de Subside fir d'Linux Foundation an.

Ee Recht op Verschlësselung

All Bierger soll d'Recht hunn seng Donnéeën däerfen ze verschlësselen. Dofir wëlle mer, dass Verschlësselungsupporten obligatoresch sollen vu Computer- an Handyhirsteller dem Notzer zur Verfügung gestalt kënne ginn. Gläichzäiteg dierf keen, ouni Order vun engem Riichter, gezwonge ginn fir seng Passwierder präis ze ginn.

Digital Sécherheet

D'Piratepartei fuerdert, dass de Bierger Meeschter iwwert d'Utilisatioun vu senge perséinlechen Date gëtt. D'Digitaliséierung bitt immenz Méiglechkeeten iwwert physesch Grenzen ewech an trotzdeem dierf een d'Risiken net ignoréieren déi mam Benotze vun digitale Medien hierginn.

Online Impersonatioun a Bedruch sinn zum Beispill ee wuessenden an onzouräichend erkannte Problem vun der Digitaliséierung. Mat enger europäescher Zentral fir d'Mellen vun Impersonatioun a Bedruch kéint een deem Problem zum Beispill entgéintwierken.

Obligatoresch Verwennung vu fräier Software an der ëffentlecher Verwaltung

Mir Pirate sinn der Meenung, datt d'Donnée vun de Bierger, wou méiglech, ëmmer mat fräier Software traitéiert, verwalt a geséchert solle ginn. Geschützt Software dierf nëmmen sou laang agesat ginn, ewéi keng frei Software existéiert, déi fir de jeeweilegen Zweck benotzt ka ginn.

Frei Software reduzéiert Verwaltungskäschten, fërdert den techneschen Know-How a verbessert d'Méiglechkeet digital Dokumenter och nach an 10 oder 20 Joer erëmzefannen. Mir wëllen dofir suergen, datt am ëffentleche Secteur zukünfteg frei Software zum Asaz kënnt, soudatt keng Ofhängegkeet vu speziellen Ubidder méi besteet.

Finanzéierbaren Zougang zu Zertifizéierungsservicer

Zertifizéierungsservicer stellen Zertifikater aus, mat deenen d'Kommunikatioun vum duerchschnëttlechen Internetbenotzer geschützt ka ginn. Dës Servicer riichten awer hir Präismodeller op Gewënnoptiméierung aus. Dëst verhënnert en acceptabelen Zougang zu signéierten Zertifikater an enger elektronescher Ënnerschrëft fir Privatpersounen an ASBL'en an doduerch den Zougang zu enger sécherer Kommunikatioun.

D'Piratepartei setzt sech fir de Schutz vun der Privatsphär an a fuerdert e sozial gerechte Präissmodell an en europäeschen Zertifzéierungsservice.

Dateschutz stäerken

Ee Bewosstsinn fir Datespuersamkeet léist sech nëmmen etabléieren, wa jidderee weess, wéi eng Donnéeën iwwert ee gespäichert sinn. Dofir fuerderen d'Piraten, datt all Organisatioun, staatlech Administratioun oder Entreprise, déi an enger Datebank perséinlech Informatiounen iwwer eng Persoun gespäichert huet, eemol pro Joer an engem Relevé iwwer dës Datespäicherung informéiert. Op Ufro mussen dës Stellen der Persoun detailléiert Auskonft ginn, wéi dës Donnéeë benotzt, wéi laang se gespäichert a wéi se kënne verännert oder geläscht ginn.

D'Dateschutzbestëmmunge solle fir all Dateveraarbechtung gläich sinn – fir privat, staatlech oder kommerziell Datebanke mussen déi selwecht Reegele gëllen. Ausnamereegelunge fir staatlech

Datebanke mussen op e Minimum reduzéiert ginn an Datebanke mat sensibelen Donnéeë mussen enger besonnesch staarker Kontroll ënnerleien.

Bei Verletzungen vum Dateschutz mussen zivil- a strofrechtlech Moossname méiglech sinn. D'Strofe bei Mëssbrauch dierfen net esou niddreg leien, datt Verfahre reegelméisseg agestallt gi, well de Sträitwäert ze geréng ass. Stellt eng Stell, déi perséinlech Donnéeë späichert, fest, datt Datesätz onberechtegt agesinn oder kopéiert goufen, da mussen all betraffe Persounen iwwer dës Datepann informéiert ginn.

Keng Späicherung vu biometreschen Donnéeën

Biometresch Donnéeën, déi fir d'Ausstelle vun engem biometresche Päss oder enger Carte d'Identité erhuewe ginn, dierfen net iwwer länger Zäit vu Gemengen oder staatleche Stelle gespäichert ginn.

Een europäesche Guichet fir digital Prozeduren

Fir d'europäesch Zesummenaarbecht weider ze verbesseren, mussen d'administrativ Demarchen op enger zentraler Ulafstell um Internet kënne gemaacht ginn. D'Pirate setzen sech dofir fir en europäesche Guichet an, wou all d'EU-Bierger Demarchen, vum Studenteprêt bis zur Demande vu Visa, kennen ufroen.

Eng europäesch Handynummer

D'Pirate wëllen een europäesche System fir Handynummere kënne vun engem Land an dat aner matzehuelen. Et muss méiglech sinn, dass wann een säin Ubidder ënnerhalb vun der EU wiesselt, dass d'Handysnummer ka bäibehale ginn.

Präventioun vun der virtueller Sucht

Fir déi haiteg Generatiounen ass den Internet net ewechzedenken. Déi meescht vun eis si mam Internet opgewuess oder hunn am Laf vum Liewen Accès op den Internet krut. Mee den Internet huet och ee Geforepotential. Am Beräich vun der Suchtpräventioun- a Behandlung ginn ëmmer méi Fäll bekannt, an deene Persoune wéinst enger Online-Sucht Hëllef brauchen.

Vill Mënsche mierken net, dass si vill ze vill Zäit um Internet oder virum Bildschierm verbréngen, bis dass si hiert Verhalen net méi kontrolléiere kennen an hiert Liewen ausserhalb der virtueller Welt vernoléissegen.

Fir d'Piraten ass et wichteg, dass den Internet fräi a sécher genotzt ka ginn. Mer wënschen eis wat d'Gefore vun der Vernetztheet an der virtueller Welt ugeet, méi Informatiounscampagnen a Behandlungsméiglechkeete, virun allem an der Spillsucht. Et ass eis wichteg, dass déi haiteg Generatiounen d'virtuell Welt besser verstoe léieren an den Internet mat Mooss an Ofstand benotzen.

Als méiglech Usätz kéinte mer eis um Schwäizer Modell fir d'Gléckssspill orientéieren, an eng Steier um Ëmsaz vu Videospiller opstellen. D'Suen sollen dann ausschliisslech a Preventiouns- a Behandlungsmethode fléissen.

5. Eng Demokratesch EU : Matbestëmmung stäerken

D'Piratepartei wëll d'Europäesch Unioun méi effizient, iwwersiichtlech an demokratesch gestalten. D'Entscheedungen an der EU solle am Sënn vun de Mënsche getraff ginn a net fir Banken an Finanzmäert. Mir wëllen eng vollwäerteg, demokratesch an transparent politesch Unioun mat méi Muecht bei grenziwwerschreidende Problemer.

Ee neien europäeschen Traité

D'Piratepartei wëll een effizient, demokratescht an transparent Europa. Den aktuellen europäeschen Traité, deen d'Grënnung vun der Unioun gereegelt huet, geet heifir net méi duer. Et handelt sech heibäi ëm den Traité vu Roum aus dem Joer 1957, deen am Laf vun der Zäit verännert an ëmgeschriwwe gouf.

Fir der Europäescher Unioun e modernen Traité ze ginn fuerdere mir een europäesche Biergerkonvent, deen sech mam Ausschaffe vun engem neien EU-Traité befaasst an duerch een europäesche Referendum vun de Bierger soll agefouert ginn. Den Traité soll d'Europäesch Unioun ee basisdemokratescht Fundament ginn a modern Méiglechkeete fir d'Participatioun vun allen EU-Bierger virgesinn.

D'EU-Institutiounen a Methode sollen transparent ginn, dat potenziell lähmend Vetorecht vun eenzele Regierungen ofgeschaaft ginn an d'Europäescht Parlament soll an alle Beräicher ee vollwäertege Gesetzgeber ginn mat engem parlamentareschen Initiativrecht.

D'EU Parlament stäerken

Am aktuellen EU-Gesetzgebungsprozess dominéiert d'Europäescher Kommissioun op Käschte vum Europäesche Parlament d'Legislative. Mir Pirate wëllen eng Ännerung vun der Muechtverdeelung an den europäeschen Institutiounen erreechen, déi d'Legislativ begënschtegt an dem EU-Parlament méi Muecht gëtt. Mir wëllen all Initiativ mat virundreiwen, déi dëst erméiglecht.

D'EU-Parlament muss och endlech déi voll Muechte vun engem Parlament kréien. Dozou gehéiert d'Initiativrecht fir Gesetzesproposë kënnen ze deposéieren an den EU-Budget all Joer däerfen ze stëmmen.

D'EU-Wahlen reforméieren

Fir den europäeschen Organisatioune méi demokratesch Legitimitéit ze ginn, muss d'EU-Wahlgesetz vereenheetlecht ginn. Momentan stellt all Land seng Kandidaten nom nationale Wahlgesetz op a wielt aus senge nationale Kandidaten seng europäesch Deputéierten. D'Pirate wëllen hei méi demokratesche Choix a fuerderen d'Opléise vun de Wahlbezierker no Länner. Esou sollen EU-Kandidaten an alle Staaten no engem eenheetleche Wahlsystem vun allen EU-Bierger gewielt ginn. D'EU-Bierger géifen op dësem Wee dann och de President vun der Europäescher Kommissioun direkt wielen.

Een direkt gewieltenen EU-President

Aus der Europäescher Kommissioun muss eng Regierung ervirgoen, déi als reng Exekutiv handelt a vum Parlament iwwerwaacht a kontrolléiert gëtt. Den EU-Kommissiounspresident souwéi och de spéidere President vun der EU mussen vun alle Biergerinnen a Bierger an Europa gewielt ginn.

Referende fir EU Bierger erméiglechen

D'Bierger a ganz Europa brauchen onbedéngt méi Matbestëmmungsméiglechkeeten. Mir wëllen d'Biergerinnen a Bierger an europawäite Referenden iwwert d'europäesch Gesetzgebung matentscheede loossen. Zum Enge sollen d'Bierger iwwert erweidert a vereinfacht europäesch Biergerinitiative Gesetzespropositioune maachen, zum Aneren awer och am Kader vum Gesetzgebungsprozess Projete stoppe kënnen.

Fir Referenden oder Gesetzespropositiounen anzereechen, muss 1% vun der Gesamtbevëlkerung vun der EU dës Propose schréftlech matdroen.

Petitioune vereinfachen

D'Pirate wëllen déi europäesch Biergerinitiativ reforméieren. Den Opwand fir eng Initiativ kennen opzestelle muss dofir reduzéiert ginn. D'EU-Kommissioun soll sech mat alle méiglechen Iddien auserneesetzen, och bei Initiativen, déi keen Erfolleg haten. Petitionäre sollen, wa mindestens 1 Millioune Bierger se ënnerschreiwen, d'Recht kréien hir Virschléi am Plenum vum EU-Parlament virzedroen an eng Prise de Positioun vum Parlament ze verlaangen. D'Presentatioun vun de Petitionäre soll per Videoiwwerdroung iwwer Internet stattfannen.

E-Participatioun

D'europäescht Parlament muss een Instrument fir d'E-Participatioun entwéckelen, mat deem d'Bierger kënne Gesetzesvirschléi ëffentlech diskutéieren, Amendementer proposéieren an online ënnerstëtzen oder eben ofleene kënnen. D'Demokratie fënnt net an engem Plenarsall statt mee an den Diskussiounen tëscht de Bierger. Mer mussen d'Chance notzen, déi den Internet eis bitt, fir physesch Distanzen an Europa ze iwwerbrécken. D'E-Participatioun kann esou eng Bréck duerstellen, fir d'EU Bierger aus allen Ecker Europa mam EU-Parlament ze verbannen.

Méi Matbestëmmung fir déi Jonk

Wa mer en demokratescht Europa wëllen erëmspigelen, an deem all Grupp vertrueden ass, da muss och d'Meenung vun deene jonken EU-Bierger méi Gewiicht am politesche Gestaltungsprozess an Europa kréien. D'Piraten ënnerstëtzen d'YouthGoals Initiative vun der EU a gi souguer nach méi wäit: mer wëllen dass jonk Mënschen schon ab 16 Joer kënnen d'Wahlrecht fir d'EU-Wahlen ufroen.

Europa als Verfechter vum internationale Recht

D'europäesch Integratioun huet eis Joerzéngten u Fridde bruecht. Et ass déi längste Period ouni Krich an der Geschicht vun eisem Kontinent. Och iwwert d'Grenzen eraus steet d'EU als e Liichttuerm fir Fräiheet, Mënscherechter an Demokratie. Dat ass net selbstverständlech. Fir dës Acquisen net ze verléieren, brauch et ee kontinuéierlechen Asaz um an ausserhalb vum Kontinent.

D'Piratepartei wëll eng staark EU, déi och ausserhalb vun Europa fir Fridden, Gerechtegkeet a Sécherheet steet. D'EU muss versichen aner Länner ze beweegen de Roum-Statut, deen d'Unerkennung vum internationale Strofgeriichtshaff ëmfaasst, ze ratifizéieren, fir esou iwwert Verbrieche géint Mënschheet a Krichsverbriechen jugéieren ze kënnen. Weider fuerderen d'Piraten och mat Nodrock d'Asetze vun engem internationalen Ëmweltgeriichtshaff, fir Ëmweltrechter duerchzesetzen.

Open Government Partnership

Mer wäerten d'Europäesch Unioun ënnerstëtzen der "Open Government Partnership"-Plattform bäizetrieden, wou aktuell schonns eng Réi EU-Memberstaaten dra sinn. Dës Initiative besëtzt een Aktiounsplang mam Zil oppe Regierungen ze erschaffen, Biergerrechter ze stäerken, Korruptioun ze bekämpfen an nei Technologien zum Wuel vun enger transparenter Gouvernance anzesetzen.

Fir eng fräi Press

Eng fräi Press ass d'Bedéngung fir en fonktionnéierende Rechtsstaat an domadder och fir d'Demokratie. D'Presse- an d'Meenungsfräiheet mussen ënner allen Ëmstänn bäibehalen an ausgebaut ginn.

Et ass bedenklech, dass aktuell a verschiddene Länner bestëmmte grouss Informatiounsagencen d'Haaptinformationsquell vu villen nationale Medien, déi hier Informatiounen da gréisstendeels just do ofkafen, duerstellen. Dëst huet zur Konsequenz, dass vill Schlagzeilen virdiktéiert sinn an esou de Meenungsspigel vu Gesellschafte manipuléiert ka ginn. Simultan hunn an de leschte Jore verschidden EU-Staaten versicht de Prinzip vun der fräier Press ze ënnergruewen.

An der Informatiounsbeschaaffung a Verbreedung däerf d'Press awer op kee Fall ënnert ëffentlech oder privat Monopoler geroden, déi de Meenungsspigel vun der Gesellschaft manipuléiere kéinten. Opgrond vun de Geforen, déi mat sou Entwécklunge verbonne kenne sinn, wëllen d'Piraten d'Onofhängegkeet vun der fräier Press oprecht erhalen an Informatiounsmonopoler vun Informatiounszenteren, wou et méiglech ass, zerbriechen. Och sollen EU-Memberstaaten, déi versichen, d'Pressefräiheet ze beaflossen, kloer sanktionéiert an op d'europäesch Wäerter zeréckbesënnt ginn.

„One Seat“ fir d’EU-Parlament zu Bréissel

D’Europaparlament hält souwuel zu Bréissel, wei och zu Stroossbuerg, Parlamentssëtzungen of. Déi reegelméisseg Reesen tëscht den zwou Stied kaschten 180 Millioune pro Joer a generéiere ronn 19.000 Tonne CO2, well d’Deputéiert, hir Mataarbechter an aner Beamten – am Ganze ronn 5.000 Persounen –818 km vu Bréissel op Stroossbuerg an zeréck fueren mussen. An dat fir nëmme 4 Deeg am Mount!

Obwuel d’EU- Parlament mëttlerweil 500 Millioune Bierger an der EU direkt representéiert an déi demokrateschsten Institutioun vun der EU ass, huet et nach ëmmer net d’Recht, fir selwer z’entscheede wou et sech trefft. D’Piratepartei well dëst änneren. Mir setzen eis dofir an, datt d’europäescht Parlament just nach ee Setz huet an datt di Steiergeldverschwendung an Ëmweltverschmotzung ophält.

6. Ëmwelt a Klima an engem Europa fir muer

D'Piraten ënnerstëtzen all d'Ziler an d'Prinzipien vun der EU fir Waasser, Loft, Buedem, Ressourcen an Ëmwelt ze schützen. Fir dës Ziler ze erreechen musse mer wirtschaftlech, sozial a regional Aspekter matabezéien an haut schonn eng responsabel Politik fir eis zukünfteg Generatioune lancéieren.

Den Accord de Paris ëmsetzen

D'Pirate fuerderen d'Paräisser Ofkommes zur Begrenzung vun der globaler Temperaturerhéijung op maximal 1.5°C ëmzesetzen. Mer fuerderen, dass bestéiend Technologië, fir dëst Zil ze erreechen, innerhalb vun der EU rechtlech bindend gemaacht ginn. Doduerch kéint Europa säi Beitrag fir d'Verhënnere vum Klimawandel effektiv leeschten a seng Fliichten erfëllen.

Déi nohalteg Energieproduktioun an der EU muss gefërdert ginn. CO2-Emissioune vu Produiten wéi Stroum oder Bensin musse grenziwwerschreidend den Importlänner zougeschriwwe ginn, fir d'Klimabilane vun de verschiddene Länner net ze verfälschen.

Klima- an Ëmweltfuerschung

D'EU-Bierger sollen ee Recht op en zeitnohen, zouverlässege wëssenschaftlechen Zougang zu Ëmweltdaten hunn, fir ze wëssen, wéi et ëm hir Ëmwelt steet. Dës Informatioune mussen op enger fundéierter, onofhängeger wëssenschaftlecher Fuerschung berouen an zu all Moment op ëffentleche Websäite verfügbar sinn.

Bei politeschen Decisiounen zum deem Thema soll d'wëssenschaftlech Berodung vun Expäre mat verschiddene Siichtweisen virgeholl ginn. D'Deelhuelen u Konferenzen zum Thema Klima- an Ëmweltfuerschung muss zudem präislech accessibel sinn. Fir dëst ze erreechen, muss d'Finanzéierung vun der Fuerschung an deem Beräich verbessert ginn.

Fir eng nohaltëg, ugepassten an divers Energiepolitik

Europa muss d'Chance notzen, an der grénger Ekonomie vun der Zukunft eng féierend Roll anzehuelen. D'Piratepartei wëll, dass Europa bis d'Joer 2050 vollkommen op nohalteg Energie setzt. Mer wëllen ewech vun Atom- a Kuelekraaftwierker an eng Energieproduktioun aus natierlechen, erneierbaren a biobaséierten Quellen.

D'Pirate wëllen de legale Kader schaffen, fir existéierend Technologien a Konzepter méi schnell kënnen anzesetzen. Mer plädéieren dofir, net nëmmen op eng Technologie ze setzen, mee den Energiemix an Europa esou wäit wéi méiglech ze diversifizéieren an d'Notzung vu natierlechen, erneierbaren an och alternative Ressourcen, wéi zum Beispill Solarzellen Geothermie oder Algenzylinderen (jee no geographescher Ëmgéigend) ze förderen.

Een effizienten Iwwergang zu erneierbarer Energie hängt mat enger Upassung un de Produktiounsstanduert zesumme. Eng Etüd vun der Universitéit Lausanne huet erausfonnt, dass

Sonnenpannels an de Bierger och am Wanter Energie kënne produzéieren an een esou mat enger Energiegewënnung vun 150% rechne kann. Dëst Beispill weist, dass jee no Regioun verschidden Technologien zum Asaz komme sollen.

Subsidiär Energiepolitik

Den Notze vun der Energiewend soll virun allem de Bierger zegutt kommen. Dofir setze mer eis fir eng Dezentraliséierung vun der Energieproduktioun an, déi dem Bierger vill méi Méiglechkeete gëtt, sech un der Energiepolitik ze bedeelegen – zum Beispill mat Stroumgenosseschaften. Gläichzäiteg verhënnere mer doduerch d'Schafung vu Monopoler.

Energienetzer zesummeschléissen a verstaatlechen

Iwwregens mussen och d'Energienetzer méi enk an intelligent zesummegeschloss ginn. D'Piratepartei wëll an Europa an eng méi staark Vernetzung an och an eng besser Koordinatioun vun den europäesche Stroumreseauen investéieren. Nëmmen esou kënne mir d'Energie um europäeschen Energiemaart austauschen. Fir d'Präisstabilitéit ze garantéieren, sollen d'Energienetzer a staatlecher Hand bleiwen.

Donieft fuerdere mer besser Transportweeër tëscht den EU-Länner a méi Flexibilitéit beim Austausch vun Energie. Matt enger gemeinsamer Energieinfrastruktur, déi ënnert anerem op Gläichstroumleitunge berout, kënne mir an Europa de Wiessel op Energie, déi wéineg CO2 produzéiert, erreechen.

Ee soziale Pollueur-Payeur-Prinzip

Mer sinn der Meenung, dass déi bëllegsten Energie déi ass, déi een net benotzt. Dofir wäerte mer de Prinzip vum Pollueur-Payeur weider ënnerstëtzen an dofir suergen, dass déi europäesch Klima- an Ëmweltziler erreecht ginn. D'Pirate fuerderen iwwerdeems, datt all ëmweltschiedlech Subventiounen a Steiererliichterungen fir fossil Energieträger iwwerpréift ginn.

Des Weidere soll de Prinzip vum Pollueur-Payeur ëmmer am Kontext vum soziale Milieu gekuckt ginn. Bierger a bescheidene Verhältnisser déi komplett Charge vum Pollueur-Payeur opzedrécken, setzt dat falscht Zeechen a féiert nëmmen dozou, dass wirtschaftlech benodeelegt Schichten sech engem Wandel verweigeren. D'Käschte vum Ëmweltschutz sollte sozial gestaffelt op d'Bierger verdeelt ginn. Mer mussen d'Bierger virun allem mat positiven Ureizer zu enger méi ekologesch Liewensaart motivéiren.

Eng staark EU-Mobilitéitspolitik

D'Piratepartei schwätzt sech fir eng nohalteg Mobilitéitspolitik aus an dofir muss d'Weiderentwécklung vun alternativen Untriiber absolut virugefouert ginn. Wéi bei der Energieproduktioun ass et wichteg, net nëmmen op eng Kaart ze setzen. Et ass riskant d'Mobilitéit mat fossilen Energien duerch eng pur Elektromobilitéit wëllen ze ersetzen. D'Pirate warnen, an

dësem Beräich wäitsiichteg ze sinn an alternativ Technologië wéi d'Brennstoffzell an Hybridmodeller och ze förderen.

Den Asaz vun erneierbaren a biologesche Kraaftstoffer dierf net op d'Käschte vun Iessplanzen oder der Natur goen. Dofir wëllen d'Pirate kloer europäesch Kritären fir nohalteg Biokraaftstoffer.

Eng wichteg Mesure an der europäescher Mobilitéitspolitik ass den Ausbau vum ëffentlechen Transport, fir all EU-Bierger säin elementaart Recht ob Mobilitéit ze garantéieren. An dem Kontext soll den Notransport an ëffentlecher Hand leien. D'Pirate fuerderen hei eng kloer Investitiounsoffensive, fir dass den ëffentlechen Transport an allen EU-Länner op ee gläichwäertege Niveau kennt.

Alternativ Untriiber fir den Transport

Den Transport vun Handelswuere mëscht hautzedaags nach ëmmer ee groussen Deel vun der Loftverschmotzung aus. Fir d'ëmweltbelaaschtung vum Transportverkéier – dorënner d'Camionen an d'Schëffsflotten vum professionellen Transport mee och den Transport vu Reesenden – fuerdere mir, dass méi op Hybridléisungen an alternativ Energiequelle beim Untriib gesat gëtt

Batterien

Fir Elektroautoen ze bauen, brauch ee leeschtungsstaark Batterien. Fir dës Batterien ze baue brauch ee seele Metaller wéi Lithium oder Kobalt. Dës Metaller ofzebauen ass awer bedenklech, wann ee weess, dass den Ofbau oft weder ökologesch nach mat sozial héije Aarbechtstandards am EU-Ausland verbonnen ass. D'Pirate wëllen, dass beim Ofbau vun de Materialien zum Bau vun eise Batterien, déi sozial Kritäre an den Hierkonftslänner, deene vun der EU entspriechen.

Ee gemeinsamt Waassermanagement

D'Piratepartei ënnerstëtzt, dass d'EU sech och an Zukunft ëm d'Waassermanagement vu gedeelte Fiichtgebidder – mam Bau vun Dämm, Becken an Däicher –, këmmere soll. Mir wëllen och fir Waasserleef eng gemeinsam Approche fannen, fir d'Laascht vun Iwwerschwemmungen net nëmmen op déi Länner ze verdeelen, déi flossof leien. Hei wëlle mir Léisungen, déi schonns zu Lëtzebuerg Erfolleg haten, an d'ganz EU exportéieren, fir esou de Schued vun Iwwerschwemmungen däitlech ze reduzéieren.

Wann et ëm de Waasserpräis geet, fuerdere mir, datt d'Notzer am Schnëtt mindestens käschtendeckend contribuéieren, ënner Berécksiichtegung vun enger sozialer Staffelung. Gläichzäiteg fuerdere mir eng méi effizient Waassernotzung an eng Reduktioun vun der Waasserförderung als Moossnam géint Dréchenten an Ëmweltverschmotzung.

D'Agrarsubventiounen besser asetzen

D'europäesch Landwirtschaft muss staark, innovativ an nohalteg ginn. Eng radikal Reform vun der europäescher Landwirtschaft ass dringend néideg. Kee Secteur ass hautdesdaags, strukturell méi ofhängeg vu Subventioune wéi d'Landwirtschaft. Dës Subventiounen däerfen net ausgenotzt ginn.

Subventioune sollen no Nohaltegkeets- an Innovatiounskritäre vergi ginn, a net no Quantitéit. Et sollen och keng Sue méi u Mënschen iwwerwise ginn, déi wéineg bis guer kee wirtschaftleche Risiko droen.

Am Agrikulturfong soll eng Primm virgesi ginn, fir eng gutt Notzung vum Buedem, baséierend um Undeel vun organescher Matière an der Waasserspäicherkapazitéit, ze ënnerstëtzen.

Keng TVA op Bioprodukter

D'Pirate setze sech dofir an, dass nohalteg Produkter fiskalesch gefërdert ginn. Produkter aus biologeschem Ubau oder Produkter, déi a Konditioune mat héije Sozialstandards hiergestallt ginn (zum Beispill Fairtrade), sollen TVA-fräi un den Endkonsument verkaf kënne ginn. Dëst hätt zur Folge, dass nohalteg Produkter präislech méi kompetitiv ginn a méi Konsumenten sech dës leeschte kéinten. Domat géif een och de responsabele Konsum förderen. Gläichzäiteg léisst een dem Konsument domadder de fräie Choix beim Akaf.

Liewensmëtteltransparenz

Fir méi Transparenz um Liewensmëttelmaart ze kréien, soll all Produkt iwwer Internet kennen opgeschlësselt ginn. Mat engem QR Code soll all Konsument kënnen erausfannen, wou d'Inhalter vum Produkt hierkommen a wéi eng Pestiziden, Medikamenter oder aner Chemikalien am Produktiounsprozess zum Asaz komm sinn.

Liewensmëttelreschter besser verwäerten

D'Pirate schwätzen sech fir eng besser Kontroll vum Verschwende vu Liewensmëttelen aus. Supermarchéë missten eng wëchentlech Statistik veröffentlechen, déi festhält, wéi vill Liewensmëttel vernicht gi sinn, an domat encouragéiert ginn, besser ze wirtschaften a manner Liewensmëttel ze verschwenden. Produiten, déi nach verwäertbar sinn, solle kennen nom tscheche Model steierfräi u Veräiner an Associatioune gespent ginn.

Genmanipuléiert Produkter kloer kennzeechnen

D'Konsumenteschutzorganisatiounen a ganz Europa wieren sech géint den Import an d'Aféierung vu genmanipuléierte Produiten an d'EU. Wat vill net wëssen, ass, dass och hei an Europa genmodifizéiert Produite verkaaf kënne ginn. Dorënner falen zum Beispill Drauwen, Mais oder eise Star: de Raps. D'Pirate fuerderen dofir eng kloer Richtlinn fir d'Kennzeechnung vu genmanipuléierte Produkter innerhalb vun der EU méi däitlech ze reegelen.

De responsabele Konsum förderen

D'Piraten ënnerstëtzen och all Mesure, déi d'Erëmbenotzen an d'Reparéiren vun Produkter zum Zil hunn. Entreprisen, déi an dësem Beräich täteg sinn, sollen an enger Investitiounsoffensive gefërdert oder fiskalesch entlaascht ginn. Amplaz d'Produktioun ze ënnerstëtzen, soll d'Philosophie vum Ërembenotzen eng Platz an eiser Gesellschaft erhalen.

Plastiksoffall reduzéieren

D'Pirate setzen sech mat dofir an, dass den onnéidegen Asaz vu Plastik op een Ënn kënnt a mer dës Ressource do asetzen, wou se Sënn maachen. Dofir fuerdere mer, dass do, wou de Plastik kuerzfristeg zum Asaz kënnt, an net noutwenneg ass, mëttelfristeg verbuede soll ginn. De Plastik däerf keng bëlleg Alternativ zu anere Materialie a kee Wegwerfartikel méi sinn.

D'Politik muss hei d'Direktive ginn, fir de Masseverkaf vu Plastik ze reduzéieren an de Plastik nëmmen nach do zouzeloossen, wou e sënnvoll ass, zum Beispill an der Medezin oder am Bau vu Gefierer.

Dofir wär et wichteg, eng allgemeng Plastiksteier op Produkter anzeféieren, wou kee soziale Mehrwert besteet. Gläichzäiteg muss dës Steier d'Käschte vun der Entsuergung vum Produkt beinhalten an een Deel vun der Steier an een europäesche Fong fir d'Säuberung vun der Ëmwelt an de Mierer abezuelt ginn.

Mat dëse Sue kéinte Recyclingmesuren an der EU an och d'Entwécklung vu kompostable Materialie weider ënnerstëtzt ginn.

Kompostabel Zigarettestomp

Och Zigarette verschmotzen d'Ëmwelt. Kompostabel Zigarettestomp fir d'Zigaretteproduktioun misste verflichtend an déi aktuell Filtere verbuede ginn.

Karbonfluoride

Eng Etüd vun der Uni.lu huet erginn, dass sech iwwert d'Joren extrem stabil chemesch Moleküllen an den europäesche Biedem a Gewässer gesammelt hunn. Dës Moleküllen nennen sech Karbonfluoride a komme vun de waasserresistente Beschichtunge vun eise Kleeder (Schong, Jacketten, Boxen, etc.) a vum Löschschaum vun de Pompjeeën.

D'Karbonfluoride sinn aktuell net ze eliminéieren a konzentréieren sech ëmmer méi. D'Pirate fuerderen, dass d'EU Stellung zu dem Problem bezitt an d'Fuerschung ënnerstëtzt fir dës Chemikalien aus eise Biedem ze eliminéieren.

7. Den Déiereschutz an Europa stäerken

Mer Pirate sëtzen ons an fir Mënsch an Déier. Dofir fuerdere mer een europawäit gläichen a qualitativen Déiereschutz duerch een eenheetlecht Déiereschutzgesetz fir alleguerten d'EU Memberstaaten. D'Déiere mussen als Liewewiese mat Gefiller ugesi ginn. Déierequälerei an egal wéi enger Form leene mer of.

D'Déierentransportgesetz iwwerschaffen

All Joer ginn an Europa ronn 1.5 Milliarden Déiere ronderëm transportéiert. Aus wirtschaftleche Grënn kucken d'Transportfirmen, an éischter Linn d'Transportkäschten ze reduzéiere, mam Zil d'Profitter ze erhéijen. Leider ass et eng akzeptéiert Tatsaach, dass dës Firmen aus ekonomesche Grënn d'Leed vun den Déieren a Kaf huelen aplaz et ze verhënneren.

D'EU Gesetzgebung mëscht dat méiglech, wëll no der aktueller Gesetzeslag all Déier nëmmen ee gewëssene Minimum u Platz garantéiert kritt. Ee Schwäi vun 120 Kilo huet no der Reegel zum Beispill 0,55 Quadratmeter Platz zegutt. D'Déiere kënnen doriwwer eraus och an Etagen transportéiert ginn, mam Zil den Transporter esou voll wéi méiglech ze kréien. Et ass natierlech evident, dass d'Platz, déi d'Déier huet, net duergeet fir sech wärend dem Transport ze beweegen oder ze dréinen.

D'Piratepartei seet "Schluss" zu dëser Form vun Déierequälerei a fuerdert, déi aktuell Direktiven zum Déierentransport ze iwwerschaffen, andeems d'Reegelen aus der EU-Direktive méi streng zum Wuel vum Déier definéiert an d'Mëssstänn méi haart bestrooft solle ginn. Beispillsweis soll den Etagentransport bei Ranner verbuede ginn an all Déier d'Méiglechkeet hunn, sech am Transporter wirklech kënnen ze stellen.

Déi maximal Transportdistanz vum Bauerenhaff bis zum nächst geleeënen Schluechthaus däerf maximal 100 Kilometer bedroen. Europäesch Subventioune fir d'Schluechtunge sollen an dem Beräich gestrach ginn. Den Transport vu Jippelcher an der jëtzeger Form soll och verbuede ginn.

Déierentransporter begrenzen

Nieft méi strenge Gesetzer zum Déierentransport brauche mer an Europa virun allem endlech richteg Kontrollen, fir dass déi existéierend EU-Direktiv vun 2005 zum Déierentransport endlech ëmfangräich respektéiert gëtt. No der Direktiv hunn d'Déieren ee Recht op Pausen, Fidderungszäiten an definéiert Grenze bei den Transportzäiten. Ee Schwäin däerf sou zum Beispill maximal 24 Stonnen um Stéck transportéiert ginn, bei Kanéngercher a Gefligel sinn et 12 Stonnen. Et däerf dofir net sinn, dass d'Déieren oft Deeg laang ouni Fudder, Waasser an a miserabelen Zoustänn duerch Europa gefouert ginn. Domadder muss Schluss sinn.

D'Pirate fuerderen, dass d'Direktiv an allen EU Memberstaaten, och zu Lëtzebuerg, effektiv ëmgesat gëtt an dass d'Transportkontrollen uerdnungsgemäss duerchgefouert ginn. D'Pirate wäerten sech

dofir asetzen, dass all EU-Memberstaat zukünfteg all verfügbar Mëttele muss asetzen, fir dass d'Gesetz zum Déierentransport respektéiert gëtt.

Fir d'Kontrolle vun all Memberstaat ze garantéieren, soll eng europäesch Agence fir Déierentransporter erstallt ginn. Dës kéint iwwert den Agrikulturfong vun der EU finanzéiert ginn an esou déi néideg Mëttele kréien, fir géint Memberstaate virzegoen, déi d'Déieretransportgesetzer net respektéieren. Doriwwer eraus brauche mer bei der Police an den Douannen méi Formatiounen am Déiereschutz an zu gudder Lescht ee Maximum un Transportkontrolle fir Mëssstänn effektiv kennen opzedecken an ze bestrofen.

Ethesch vertrietbar Schluechtprozeduren

Well gewosst ass, dass d'Schluechtung vun engem Déier ëmmer ee schwieregen Akt ass, sti mir Pirate fir eng ethesch vertrietbar Aart vun der Schluechtung. Fir d'Schluechthaiser fuerderen mir, dass op mannst all Mount eng staatlech Kontroll muss stattfannen an dass d'Schluechtkummere vu Kamerae iwwerwaacht ginn. Doriwwer eraus däerf keen Déier ouni Narkos operéiert oder a Schluechthaiser dout gemaach ginn.

An engem weidere Schrëtt sollte mer en aartgerecht a stressfräit dout maache vum Déier iwwer europäesch Programmer förderen. Konkret heescht dat, dass d'Déieren net méi a Schluechthaiser a Masse, mee duerch alternativ a stressfräi Methoden, sollen dout gemaacht ginn. Heizou sollte solle mer eis u Best Case Practices orientéieren, déi vereenzelt schonn an Europa ugewannt ginn a vun Déiereschutzorganisatioune prekoniséiert ginn. Ee Beispill ass z. B. d'Déier op der Wiss, wou et lieft, duerch ee professionelle Jeeër mat engem geziilte Schoss mat Schalldämpfer ze erschéissen.

Méi Opklärungscampagnen iwwert eis Ernärung

Fir en Ëmdenken am Déiereschutz ze bewierken, musse mer Opklärungscampagnen zu eiser Ernärung féieren. De Konsument muss sech kënne bewosst ginn, wat op sengem Teller an op sengem Bréitchen ass. Dofir sollen EU-Campagnë gefouert ginn, déi doriwwer opklären, wéi eist Iessen hiergestallt gëtt.

Genuch Documentairë weisen déi hëtzeg Konditioune vun der Agrarindustrie. Mer fuerderen, dass, wa mer eis fir esou Produktiounstechniken entscheeden, dës och transparent an didaktesch dem Konsument musse virleien. Virun allem an de Schoule muss hei Pionéieraarbecht geleescht ginn.

Als Beispill fir eng besser Transparenz um Liewensmëttelmaart, mee och fir dem Verbraucher de Choix ze gi Produite mat manner Déiereleed ze kafen, fuerdere mir, datt op all Produit deen Eeër als Inhalt huet, markéiert ass, ob déi aus Buedemhaltung, Käfeghaltung oder Bio sinn. Dëst analog zur Eeër-Kennzeechnung. Just den Haff misst hei net mat ugi ginn.

Déierenziichter méi kontrolléieren

All Déierenziichter, egal ob fir Hond, Katz, Päerd oder aner erlaabten Déieren, soll an der EU am jeeweilegen nationalen Handelsregister eng Steiernummer an TVA Nummer kréien an donieft an engem Register vun der nationaler Veterinärsinspektioun agedroe sinn. Domat gëtt vermidden, dass d'Déiere fir kommerziell Zwecker an Hannerhäff kenne geziicht an dono steierfräi verkaaft ginn.

D'Pirate setzen sech och dofir an, dass Hondsausstellungen a ganz Europa vun de jeeweilege Veterinärsinspektioune kontrolléiert ginn. De ganze Benefice vun deenen Ausstellunge soll a Projeten oder Associatiounen investéiert ginn, déi d'Wuel vun Déiere förderen. Gläichzäiteg suerge mer esou dofir, dass d'finanziellt Intressi, fir Déierenziichter ze ginn, noléisst an d'Zuucht eescht gehol gëtt.

Bauerenhäff aplaz vun Agrarfabriken

Mir setzen eis fir besser Standarde bei Notzdéieren an, mam Zil, eng aartgerecht Behandlung ze garantéieren. D'Pirate fuerderen, datt de Kader vun der landwirtschaftlecher Produktioun verbessert an ökologesch ausgebaut gëtt. Massendéierenhaltung féiert zu schlechte Konditioune fir Mënsch an Déier. Dofir fuerdere mir eng Réckbesënnung op e Bauerenhaff mat enger iwwerschaubarer Zuel u Béischten amplaz risegen Agrarfabriken. An deem Sënn wëlle mer och den Asaz vun Antibiotiken an der Déierenhaltung op e Minimum, deen néideg ass fir Krankheeten ze behandelen, reduzéieren.

Händler, déi méi oft bei Déierequälerei erwëscht goufen, sollen op enger zentraliséierter europäescher Websäit kloer ausgewise ginn, fir datt de Konsument entscheede kann ob en déi Wuer nach weider kafe wäert oder léiwer drop verzicht.

Déierepelzer

Vill Konsumenten sinn sech de Konditiounen an der Déierepelzproduktioun an Europa net bewosst. Esou gëtt ee Pelzemantel och hautzedaags nach ëmmer als ee prestigeräiche Modeartikel ugesinn. Dass hannert dësem Endproduit awer eng grausam Déierequal läit, wësse vill Mënschen net. D'Pirate fuerderen dofir eng immediat a kloer EU Kennzeechnung fir de Verkaf vu Materialien aus oder mat Déierepelzer.

Och hei fuerdere mer, dass Händler, déi méi oft bei Déierequälerei erwëscht goufen, sollen op enger zentraliséierter europäescher Websäit kloer ausgewise ginn, fir datt de Konsument entscheede kann, op en déi Wuer nach weider kafe wäert oder léiwer drop verzicht. An engem weidere Schrëtt setze mer eis an, de Verkaf vun Déierepelzer an Europa ze verbidden.

Hausdéiere méi schützen

Mer Pirate fuerdere méi streng Kontrollen am Sënn vun der Europäescher Konventioun zum Schutz vun Hausdéieren. Proprietäre sollen sech un d'Gesetzgebung halen a Mëssuechtunge solle bestrooft

ginn. D'Policebeamte vun deenen eenzele Memberstaaten mussen dofir méi am europäeschen Déiereschutzgesetz forméiert ginn.

Aktuell existéiert an Europa keng zentraliséiert Plattform, wou gechippten Déiere kënnen enregistréiert ginn. Dat heescht, dass d'Déieren zwar gechippt musse ginn, mee dësen Chip awer kengem Proprietär zougewisen muss ginn. D'Pirate setzen sech dofir an eng zentraliséiert Plattform op d'Been ze stelle fir dass all gechippt d'Déier kloer engem Proprietär kann zougeuerdent ginn. Dëst huet och zur Folge, dass d'Proprietäre fir hir Déiere responsabel kënne gemaacht ginn.

Zirkusdéiere widderspriechen eise Grondwäerter

D'Pirate refuséieren Haltung, Dressur a Presentatioun vun all Aart vun Déieren am Zirkus grondsätzlech. Et gëtt, ausser der mënschlecher Kuriositéit, kee Gronn fir Déieren aus hirem Habitat ze rappen an se ënnert Stress onnatierleche Presentatiounen auszesetzen. Mir fuerderen dofir e konsequent Verbuet vun Déieren an Zirkussen, Zooen an Delfinarien.

Géint Déiereversich

D'Pirate schwätzen sech géint Déiereversich aus a fuerderen, dass Déieren ënnert kengem Ëmstand fir kommerziell Zwecker mëssbraucht solle ginn. An der Fuerschung sinn alternativ Methoden, wéi zum Beispill Zellkulturen oder Computersimulatiounen, ze privilegéieren a mussen onbedéngt weider ausgebaut ginn.

Nohalteg Fëscherei

D'Pirate setzen sech fir nohalteg Fëschereimethoden an. Mer ënnerstëtze streng EU-Quoten an ee Referenzplang fir d'Ëmsetzung vun nohaltege Faangmethouden an e Verbuet vun net-nohaltëgen Technologien. D'EU muss d'Kapassitéit vun hirer Fëscherflott aktiv verklengeren a weiderhin e Leader am Beräich vum Schutz vu bedrohten Aarte bleiwen. D'Fëscherquote sollen no wëssenschaftlech gepréifte Kritären ajustéiert ginn. Doriwwer eraus muss déi illegal Fëscherei an Europa an an der Welt méi staark bekämpft ginn.

D'Klappjuegd verbidden

D'Pirate wëlle Juegdmethode wéi d'Klappjuegd ofschafen. Bei der Klappjuegd gëtt d'Wëld duerch Kaméidi a Beweegung bruecht an an d'Enkt gedriwwen, fir et ze erschéissen. Heibäi däerf all Hobbyjeeër mat engem Jeeërschäi matmaachen, wat oft dozou féiert, dass d'Trefferquoten net héich sinn an d'Wëld nëmmen ugeschoss gëtt a bis zum Gnadeschoss ee laangen a qualvollen Doud erdroe muss. Dës Weidere ginn d'Déiere mat esou Methoden engem onnéidege Stress ausgesat.

Organisatioune wéi d'PETA weise scho säit Joren op déi grausam Juegdpraktik vun der Klappjuegd hin, déi haaptsächlech vu Jeeërverbänn a ganz Europa ënnerstëtzt gëtt. D'Schwäiz huet schonn ugekënnegt, d'Treibjuegde wëllen esou vill wéi méiglech ze reduzéieren. Mer Pirate mengen, dass et wichteg ass, dëse Schrëtt op EU-Niveau weiderzeféieren. Een Ufank dofir wär eng neutral Etüd, déi

den Effekt vu Juegtforme mat alternative Methode vergläicht an och zueleméisseg duerstellt, fir objektiv Donnéeën zum Notzen an de Käschte vun der Juegd ze kréien.

Juegdtropheeë verbidden

D'Pirate sinn der Meenung, dass d'Juegd op d'Déiere keen Hobby soll sinn, mee eng seriéis a sënnvoll Aktivitéit duerstellt, mat der Bedéngung d'Wiert vum Déier ze respektéieren. Aus dësem Grond wëlle mer Juegdtropheeë bannent der EU verbidden an domadder generell Spaass- an Amateurjuegten ënnerbannen.

8. Europa am Fridden

D’Piraten setzen sech mat aller Kraaft fir gewalt- a waffefräi Léisunge vu geostrategeschen a politeschen Ausernanersetzungen an. De Krich huet am 21. Joerhonnert keng Dosinnsberechtegung méi. Mer setzen eis an fir eng Friddenspolitik um europäesche Kontinent an doriwwer eraus.

D'Kriminalitéit iwwert d’Grenzen eraus effektiv bekämpfen

An engem Europa vun den oppene Grenzen hu kriminell Persounen oft einfacht Spill. Am Kampf géint Kriminalitéit brauche mir dofir méi europäesch Zesummenaarbecht. dës Zesummenaarbecht soll awer am Respekt vun der Privatsphär vun allen europäesche Bierger geschéien. Zu dësem Zweck sollen, ënnert der Kontroll vum Europäesche Parlament, Europol an Eurojust gestäerkt ginn.

Gläichzäiteg wëllen d'Piraten och en europawäit Entkriminaliséieren vun Drogen erwierken a beim Mënschenhandel op eng méi staark Repressioun vun den Hannermänner a -fraen amplaz op eng Kriminaliséierung vun den Affer setzen.

D'NATO iwwerdenken

D’Militärbündnis muss sech enger Reform ënnerzéien an et muss eng oppen Diskussioun gefouert ginn, ob all Member nach seng Platz an der Allianz huet.

Fir eng europäesch Arméi als Garant vu Fridden

Verdeedegungspolitik ass de Garant fir Sécherheet a Fräiheet. Wann een et zesummerechent, investéieren déi eenzel EU-Memberstaate méi an hir national Arméie wéi China a Russland zesummen. Leider ass déi aktuell europäesch militär Zesummenaarbecht, a Form vu Battlegroups, onwierksam a vu begrenztem Notzen.

D'Piratepartei well sech dofir asetzen, eng gemeinsam europäesch Verdeedegungsarméi opzestellen. Dës Arméi soll gemeinsam Besoinen definéieren, Sëcherheetsanalyse koordinéieren an a Beräicher – wéi dem gemeinsamen Akaf an der Maintenance vun Ausrüstung an der Ausbildung vu Rekrutten – zesummeschaffen. Eng europäesch Arméi géif sech aus engem EU-Fong finanzéieren, an deen all d’Memberstaaten abezuelen.

Dës Arméi soll sech an Zukunft nëmmen op hir Roll an enger 3D-Strategie (Development, Diplomacy & Defence) reduzéieren. D’Europäesch Kommissioun soll d’Weisungsbefugnis kréien, Asätz wieren awer nëmmen duerch en demokratescht Legitiméieren duerch d’Europäescht Parlament méiglech. D’Piratepartei schwätzt sech an deem Zesummenhang och géint en Asaz vu europäeschen Zaldoten a Krichsgebidder aus.

Eng gemeinsam europäesch Aussepolitik

Di europäesch Wirtschaft ass ëmmer nach eng vu de gréisste Vollekswirtschaften op der Welt. Mir assuméieren an notzen dës Positioun leider vill ze seelen, well mir mat ze ville Stëmmen schwätzen. Wa mir gemeinsam handelen, dann huet Europa méi Gewiicht an Afloss op der Welt.

D'Pirate wëllen dofir eng kohärent, gemeinsam an europäesch Aussen- a Sécherheetspolitik. Dëst erfuerdert vun de Memberstaaten, datt se hire klengen nationalen Afloss géint e gemeinsamen a méi groussen Afloss antauschen. Europa sollt sech fir eng Reform vum UN Sécherheetsrot an eng Iwwerpréiwung vum ineffektive Veto-System asetzen. Europa ass méi aflossräich wann et ee weidere Sëtz an der UNO, der Welthandelsorganisatioun (WTO), der Weltbank an anere multilateralen Organisatiounen huet.

D'Stäerkung vun den Vereenten Natiounen (UNO)

Eng ugemoosse Bedeelegung vun alle Kontinenter am Sécherheetsrot ass dauerhaft sécherzestellen. Besonnesch d'Schwellelänner sollte, virum Hannergrond vun hirer ëmmer méi grousser Bedeitung, méi staark un de Mechanisme fir eng global Verantwortung bedeelegt ginn. D'Vereenten Natioune kënnen hir Aufgaben nëmmen erfëllen, wann d'Memberstaaten hire Bäitragsleeschtunge nokommen. Et bitt sech un, d'Vereenten Natiounen an Zukunft nach méi staark an d'Koordinatioun vu Katastrophenhëllefen ze integréieren.

Anti-Terror-Politik

Europa ass an de leschte Joer duerch eng Réi Terroruschléi op d'Prouf gestallt ginn. Dëst huet zum Deel zu Verbesserungen am europäesche Sécherheetssystem gefouert, deels awer och zu exzessiver Masseniwwerwaachung, déi a ville Fäll keng konkret Resultater virweise konnt. D'Sécherheetspolitik an Europa muss iwwergeduecht ginn.

D'Piratepartei fuerdert eng grëndlech Analys vun der europäescher Anti-Terror-Politik, fir erëm op en Niveau ze kommen, dee Biergerrechter respektéiert an net vun irrationaler Angscht gesteiert gëtt.

D'Bedeelegung vu Lëtzebuerg am sougenannte Kampf géint den Terror soll sech op e bessere Screening vu verdächtege Banktransaktioune beschränken. Mir schwätzen eis entscheet géint den TFTP Traité aus a fuerderen datt eng eventuell Analyse vu Bankdaten nëmmen innerhalb vun der EU dierf duerchgefouert ginn. Wa mir effizient an datespuersam géint d'Terrorfinanzéierung virgin, schaaft dat manner Märtyrer an ass noweisbar méi effikass wéi den Asaz vu bewaffenten Truppen oder Dronen.

Géint Cyberwar

Oppen a verdeckten Aktioune vu staatlechen, privaten an ëffentlechen Organisatiounen, déi de Cyberspace als Konfliktdomän notzen an Zivilbevëlkerung a Gefor bréngen, lehne mir decidéiert of. Schuedsoftware, déi an der Lag ass, fir Mënscheliewen duerch Ugréffer op gesellschaftlech

Versuergungsnetzwierker a Gefor ze bréngen, betruechte mir als inakzeptabele Sécherheetsrisiko a fuerderen e Bekenntnis vun der EU Kommissioun zu friddenserhaalende Moossnamen no den internationale Konventiounen zur Verbesserung vum friddleche mënschlechen Zesummeliewen duerch d'Technik op der Äerd.

Mir Piraten, zesumme mat eise Schwësterparteien an den anere Länner, fuerderen en internationalen Traité iwwert de Gebrauch vu Cyberwaffen, mat dem all Land soll uginn, ob a wéi Cyberwaffen benotzt ginn. Ënnert Cyberwaffen fällt all Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologie, déi op d'Iwwerwaachung, d'Manipulatioun, d'Blockéieren, d'Verschlechterung oder d'Zerstéierung vun ëffentlechen, staatlechen oder privaten Informatiounsnetzwierker ofzilt.

Beruffsgeheimnis fir Cyber-Ofwier

Internetplattformen an Entreprisë sinn enger héijer d'Unzuel vun Ugréffer ausgesat. Duerch Sécherheetslücken op Plattformen ass et méiglech, datt Krimineller u sensibel a privat Donnéeë kommen oder reelle wirtschaftleche Schued verursaachen. Déi zoustänneg staatlech Servicer sinn oft op Informatioune vun Drëtten ugewise, fir potentiell Geforen opzedecken a behiewen ze kënnen.

D'Piratepartei fuerdert ee Beruffsgeheimnis an ee Quelleschutz fir Sécherheetsfuerscher, analog zu dem vu Journaliste, fir hir Informanten a Schutz huelen ze kënnen an domat zu enger vertrauenswierdeger Ulafstell fir potentiell Informanten ze ginn.

Atomwaffeverbuet

D'Piratepartei ass strikt géint Nuklearwaffen, souwuel wat d'Lagerung wéi och den Transport vun Nuklearwaffen ugeet. Mir setzen eis an, fir e weltwäiten Ofbau a fir ee weltwäit Verbuet vun der Produktioun an dem Gebrauch vun Nuklearwaffen.

Verbuet vun autonome Krichswaffen

D'Piratepartei fuerdert ee Verbuet vun autonomen Krichswaffen. Dat sinn Dronen, déi ouni Pilot fléien a schéisse kënnen. Et ass fahrlässëg, dass Roboter, déi nëmmen op virprogramméiert Algorithmen zeréckgräife kënnen, mat Krichsmissiounen beopdrot ginn. D'Fro vun der Responsabilitéit vun der Missioun gëtt an dem Kontext och méi komplizéiert. Et ass schonn fir een Zaldot schwiereg, am Krich tëscht Zivilist oder Géigner ze ënnerscheeden.

D'Pirate wëllen, dass d'EU autonomy Krichswaffen op d'Lëscht vun de verbuedene Waffen ophëlt. Gläichzäiteg mussen och Exportrestriktioune fir d'Software, déi an dëse Waffesystemer zum Asaz kënnt, agefouert ginn.

Identifizéierung vu Waffen

D'Piraten fuerderen den Asaz vum UNO-Instrument zur Kennzeechnung an zum Tracking vu militäresche Waffen. All Handwaffen, déi an der EU oder ausserhalb ënnert engem europäesche Producteur hiergestallt ginn, sollen identifizéierbar sinn. Duerch d'Identifizéierung solle Waffenexporter kennen verfollegt an illegal Verkeef erkannt ginn.

Eng fair a gemeinsam Asyl- a Flüchtlingspolitik

Asyl ass e Mënscherecht. Populistesch Attacken op dëst Recht toleréieren d'Piraten net a schwätzen sech kloer fir eng verstäerkt Ënnerstëtzung vun Asylsichenden aus. Wichteg ass et Aslysichender net ze stigmatiséieren, mee als Mënschen an Nout ze behandelen a mënschewierdeg Prozeduren unzewenden, fir dem Recht op Asyl gerecht ze ginn. Donieft mussen d'Grënn fir positiv Asylgesich erweidert ginn, fir op aktuell Geforen a Länner ouni déi néideg Protektioun opmierksam ze maachen.

Den europäeschen Usaz zur Asyl- a Flüchtlingspolitik muss op der Unerkennung vun de Mënscherechter berouen an d'Virgabe vun der Genfer Flüchtlingskonventioun an der UN Kannerrechtskonventioun vollstänneg respektéieren. D'EU-Noperschafts-an Entwécklungspolitik soll op eng nohalteg Verbesserung vun de Liewensbedingungen an op d'Förderung vun de Mënscherechter an alle Partnerlänner a Regiounen ausgeriicht sinn. Fir d'Asylpolitik ze förderen, muss den Asyl- a Migratiounsfong méi Programmer fir d'Ophuelen an d'Integratioun vu Flüchtlingen an den eenzele Memberlänner ënnerstëtzen.

D'Pirate fuerderen eng drastesch Verkierzung an eng komplett Transparenz vum Asylverfahren. Falls 1 Joer nom Areeche vun enger Demande op protection internationale nach keng Decisioun gefall ass, da soll dës Demande automatesch ugeholl ginn. Dëst verhënnert, datt Mënsche jorelaang an enger onsécherer Situatioun liewe mussen. Déi Waardezäit ass als maximalen Delai ze verstoen, dee nëmmen an de komplizéiertste Fäll areecht däerf ginn.

Dës verhënnert, datt Mënsche jorelaang an enger onsécherer Situatioun liewe mussen. Wann néideg soll d'Ausweisung schnell a mënschewierdeg duerchgefouert ginn an et soll dofir gesuergt ginn, dass déi betreffend Léit eng reell Chance op en Neiufank hunn.

LGBTIQ an Asyl- souwéi Immigratiounsrecht

D'Piratepartei fuerdert, datt Homosexualitéit, Transsexualitéit an hier Persecutioun am Ausland als Asylmotiv unerkannt gëtt. Aktuell Reegelungen reechen net wait genuch, fir Persounen, déi wéinst dësen Eegenschaften an hirem Heemechtsland verfollegt ginn, Asyl zu Lëtzebuerg ze gewären. Lëtzebuerg muss déi néideg Prozedure schafen, datt all Persoun, déi ënnert dem Risiko steet, wéinst hirer sexueller Identitéit oder hirer Sexualitéit verfollegt ze ginn, d'Protektioun vum Asyl zegutt huet.

D'Infrastrukture fir Asylsichender sinn dacks net op d'Bedierfnesser vu den eenzele Mënschen zougeschnidden. Esou ass et beispillsweis méiglech, datt LGBTIQ-Persounen, déi opgrond vun hirer Sexualitéit oder hirer geschlechtlecher Identitéit an hirem Heemechtsland verfollegt goufen, sech hei

mat anere Schutzsichenden, déi hirersäits duerch en LGBTIQ-feindlecht Gesellschaftsbild aus hirem Heemechtsland gepräägt sinn, am selwechten Ënnerdaach erëmfannen.

Fir Konfliktsituatiounen ze vermeiden an de physesche souwéi och psychesche Wuel vun de Betraffenen ze garantéieren, fuerderen d'Piraten d'Schafung vun engem Foyer respektiv engem ofgetrennte Beräich an enger bestoender Infrastruktur, wou LGBTIQ-Mënschen ënnerkomme kënnen, wann d'Situatioun et noutwenneg mécht.

Et ass dacks esou, datt betraffe Leit sech opgrond vun hiren Erfarungen net trauen, fir iwwert hir Situatioun ze schwätzen. Mir fuerderen dofir eng Formatioun fir d'Agenten aus de Foyeren, déi d'Thematike Coming-Out, sexuell Orientéierung a geschlechtlech Identitéit behandelt. Och d'Iwwersetzer an d'Security-Personal sollten an dëser Thematik hiren Aufgaben entspriechend forméiert ginn, fir an de jeeweilege Situatiounen ugemoossen kënnen ze handelen.

Fir festzestellen, op déi getraffe Mesuren hiren Zweck erfëllen a fir deementspriechend op d'Hëllef vun anere staatlechen oder konventionéierte Servicer zeréckzegräifen, sollten Informatiounen a Statistike ronderëm d'LGBTIQ-Asylsichenden EU-wäit erhuewe ginn, déi relevant fir e Suivi an deem Domaine sinn. Konventionéierten Acteuren, déi eng Kollaboratioun mat de Foyeren an dësem Kontext hunn, sollten, ënnert Berécksiichtegung vun der Privatsphär vun de Betraffenen an den datschutzrechtlechen Aspekter, Zougréff op dës Statistiken hunn.

Netzpoliteschen Asyl

Net eréischt op Grond vun de Revelatiounen a Schicksaler vun de Whistleblower Chelsea Manning an Edward Snowden gouf kloer, datt Aktiviste wéinst Meenungsäusserungen um Internet, op sozialen Netzwierker oder fir hiert netzpoliteschen Engagement riskéiere bestrooft a souguer gefoltert ze ginn. Ähnlech Erfarunge gouf et och am sougenannten Arabesche Fréijoer, wou vill Aktivisten opgrond vu Meenungsäusserungen um Internet verhaft an agespaart goufen. Dofir fuerderen d'Piraten eng besonnesch Ënnerstëtzung an Entschiedegung vu Persounen, déi verantwortungsbewosst Schwaachstelle mellen.

Kampf géint erzwonge Prostitutioun a Mënschenhandel

D'Piratepartei fuerdert kloer gemeinsam Reegele wat d'Prostitutioun an Europa ugeet. Nëmme mat klore Reegele kann haart géint Proxenitismus a Mënschenhandel virgaange ginn. Dofir mussen d'Sexworker aus der legaler Grozone erausgeholl ginn a legal Prostitutioun als Aarbecht unerkannt ginn. Dëst huet zesumme mat kloren Reegelen, ënner wéi enge Konditioune Prostitutioun an der EU legal praktizéiert dierf ginn, zur Folleg, datt méi effektiv géint illegal Prostitutioun a Mënschenhandel ka virgaange ginn.

D'Prioritéit muss dorops leien d'Sexworker aus der Illegalitéit ewech ze halen an all Ënnerstëtzung fir reegelméisseg Gesondheetskontrollen ze erméiglechen. Op der aner Säit ka mat kloren Reegelen all Offer vu Prostitutioun méi streng kontrolléiert ginn an et kann haart géint all Form vu Mënschenhandel oder sexueller Exploitatioun virgaange ginn.

Ee bessere Schutz virum Mënschen- a Kannerhandel

Pirate fuerderen, datt all EU-Memberlänner di universell Charta fir d'Mensche- a Kannerrechter unhuelen a gesetzlech verankeren. D'Europäesch Unioun muss sech d'Mëttel ginn, fir international Konzerner a Punkto Mënscherechter an Ëmweltschutz ze kontrolléieren, an e Katalog vu Sanktioune bei graffe Verstéiss ausschaffen, woumat di verantwortlech multinational Firme gesetzlech zur Verantwortung gezunn an op Schuedenersatz verklot kënne ginn.

Mënschen- a Kannerhandel si schwéier Verbriechen a musse mat Null-Toleranz a strenge Sanktioune bekämpft ginn. Gewaltverbriechen a Vergewaltegungen si kéng Kavaléiersdelikter. Et däerf net sinn, datt Kanner musse Beweiser bréngen, datt si am Fall vun Iwwergréff op hir Intimitéit domat net averstane waren. Affer vu Gewalt sinn der Belaaschtung ee Liewe laang ausgesat an d'Verdrängung vun déif gräifende Verletzungen a jonke Jore mëscht, datt di Betraffen oft eréischt Joerzéngten no der Dot doriwwer schwätze kennen. Deemno däerf et bei Verbriechen u Kanner kéng Prescriptioun ginn.

Entwécklungshëllef an international Zesummenaarbecht

Ee weidere Schwéierpunkt ass eng transparent, novollzéibar an nohalteg Entwécklungshëllef ausserhalb vun Europa. Konserven an Puddermëllech hëllefen zwar Persounen, mee eenzeg duerch eng gutt an nohalteg Entwécklungshëllef gi mer de Leit a Länner ausserhalb vun der EU d'Méiglechkeet sech selwer ze ernären, déi lokal Produktioun ze stäerken a soumadder schlussendlech hir Educatioun a Gesondheet ze fiederen.

Europa ass d'Origine vun de meeschte Fonge fir Entwécklungshëllef weltwäit. D'Pirate sinn houfreg do drop. Et ass onfair vun Entwécklungslänner ze erwaarden, datt si komplett aus eegene Mëttele kënnen op en europäeschen Niveau a Froe vun Naturschutz, Bildung, Entwécklung a Gesondheet kommen. An Zukunft soll d'Entwécklungshëllef vun den EU-Staaten op federalem Niveau koordinéiert ginn, fir Verschwendungen an Duebelausgabe besser virbeugen ze kënnen.

D'Piratepartei fuerdert, datt all EU-Member sech un international Accorden hält a mindestens 1 Prozent vum Bruttoinlandprodukt fir Entwécklungshëllef zur Verfügung stellt. De Fokus vun all europäescher Entwécklungshëllef sollt Theme wéi Gouvernance, Demokratiséierung, Korruptiounsbekämpfung, Innovatioun, Wëssentransfert, d'Erhale vun der Natur an der biologescher Vilfalt, Selbststännegkeet, Fraerechter an/oder LGBTIQ-Rechter opgräifen.

An der internationaler Zesummenaarbecht ass et zudeem och wichteg de Schwellelänner ee fairen Handel ze erméiglechen an dofir Handelsbehënnerungen, wéi z. B. Subventioune fir d'europäesch Landwirtschaft, ofzebauen. Mënschen, déi an hirer Heemecht sécher, am Fridden a mat gudde Perspektive liewe kënnen, brauche net fortzelafen a droen dozou bei, dass d'Länner friddlech bleiwen.

Zwee-Staate-Léisung am noen Osten

Den Israel-Palestina-Konflikt kann op traditionell Aart a Weis net méi geléist ginn. Dowéinst si kloer Léisungen néideg. D'Piraten ënnerstëtzen eng Zwee-Staate-Léisung, fir déi als Kärpunkt d'Grenze vum Westjordanland an dem Gaza-Sträif ëmfaasst. Jerusalem als helleg Staat vu ville Relioune soll ënnert vëlkerrechtlech Verwaltung an ënnert de Schutz vu neutralen Truppe gestallt ginn; eng Méiglechkeet wier eng neutral Garde. Och d'Waasserversuergung an d'kritesch Infrastruktur soll duerch neutral Truppe geschützt ginn, soudatt keng nei Konflikter entstinn.

9. Eng staark Ekonomie fir d'EU

Déi europäesch Vollekswirtschafte sinn duerch géigesäitegen Handel a grenziwwerschreidend Investitiounen enk matenee verbonnen. D'Piratepartei setzt sech fir Mesuren an, déi d'Wirtschaft vum Euro-Raum nach weider zesumme wuesse loosse mam Zil, eng gemeinsam Wirtschaft ze erreechen, déi sech ëmweltfrëndlech, nohalteg, fair a sozial nennen däerf.

Een europäeschen digitale Maart

Mënsche kennen sech digital méi einfach iwwert d'Grenze beweegen wéi physesch. D'Piratepartei wëll dofir, dass d'Maueren tëscht de Länner an der digitaler Welt ofgerappt ginn. Dëst ëmfaasst ënnert anerem an en Ausbau vum grenziwwerschreidenden e-Commerce an oppe Standarde fir Donnéeë innerhalb vun der Europäescher Unioun.

Fir d'Pirate bedeit dat en héije Stellewäert fir de Schutz vun der Privatsphär mat genuch Raum fir Innovatioun an Entreprenariat. Dofir ënnerstëtzt d'Piratepartei europäesch Initiative fir d'Moderniséierung an d'Harmoniséierung vum europäeschen Urheberrecht. Woubäi d'Urheberrecht ni iwwert d'Fräiheet am Internet an den Dateschutz gestallt dierf ginn.

Do dernieft wëllt d'Piratepartei och, dass d'Reegele vun der Beweegungsfräiheet vu Gidder och op digital Produiten ugewannt ginn. Dofir wëlle mir och en eenheetleche Fernsehsmarché, wou Fernsehrechter net méi dierfen un nationale Grenzen ophalen. Aktuell ass et sou, dass all Land seng eege Lizenzen u Sendere vergëtt. Doduerch kënnen TV-Senderen aus deenen engen EU-Länner net an déi aner EU-Länner iwwerdroen ginn.

Mer sinn der Meenung, dass et flott wär, wann Sendungen aus anere Länner och bei eis kéinten ze gesi sinn, well een doduerch méi Proximitéit zu deenen aneren EU-Länner kritt. Dofir wëlle mer eng europäesch Sendelizenz iwwer ganz Europa.

Des Weidere soen d'Pirate "Jo" zu enger europäescher Steier op den Ëmsaz vun digitale Firmen.

Jo zur Finanztransaktiounssteier

D'Pirate fuerderen d'Regierung op d'Finanztransaktiounssteier, déi an der EU gefrot gëtt, net ze blockéieren a matzedroen. Wa Lëtzebuerg seng Roll als Steierparadäis lass well ginn, féiert kee Wee do laanscht.

Télétravail förderen

Fir der wirtschaftlecher a sozialer Realitéit a Grenzregioune wéi der Groussregioun gerecht ze ginn, braucht d'EU ee klore legale Kader, wat den Télétravail ugeet, an ee kloren europäesche Statut fir den Télétravail ze legiferéieren. Grad a Steierfroe ginn et do Problemer, déi enger Unioun net wierdeg sinn.

Eng europäesch TVA-Deklaratioun

Et muss an der EU méiglech kënne sinn, eng europäesch TVA-Deklaratioun kënnen auszefëllen. Virun allem Betriber, déi landesiwwergräifend an der EU schaffen, géif eng gemeinsam Deklaratioun vill Paperassen erspueren.

Innovatioun ënnerstëtzen

Fir dass D'EU sech an der Weltwirtschaft weider behaapte kann, ass et wichteg a Fuerschung an Innovatioun ze investéieren. Nëmmen esou kenne mir d'Kompetitivitéit vun Europa erhéijen. D'Europäesch Unioun leet grousse Wäert op Fuerschung an Innovatioun an dëst zitt sech als roude Fuedem duerch bal all europäesch Investitiounsprogrammer.

Hei fuerderen d'Piraten, dass d'Bürokratie drastesch reduzéiert, den Zougang zu Finanzmëttele vereinfacht an et méi Plaz fir ëffentlech-privat Kooperatioune mat klengen, innovative Firme gëtt. D'Pirate stinn dobäi enger méi enker Kooperatioun tëscht Fuerschung a klenge bis mëttelstännegen Entreprise positiv géintiwwer. Kleng a mëttelstänneg Betriber sinn d'Réckgrat vun eiser Wirtschaft an d'Fuerschung gëtt hinnen d'Méiglechkeete fir et weider ze bleiwen.

Ee Startup-Programm fir Europa

Europa gëtt zum gréissten Deel vu klengen a mëttelstännegen Entreprise gestäipt. Dofir fuerdert d'Piratepartei een nach méi ëmfaassende Startup-Programm fir Europa wéi de Juncker-Plang. Dozou gehéiere Mesure wéi d'Aféiere vun engem Start-up-Visa fir Entrepreneuren, Vereinfachunge fir Mataarbechter, der Aféierung vun enger „Internet and Mobile" Kategorie op den EU-Aktiëmäärt mee och, dass mir di aktuell a schwéierfälleg Societa Europeana ëmwandelen an d'Grënnung vereinfachen.

All Grënnung an der EU muss kënne komplett digital an all EU-Land geschéien an dëst innerhalb vu 24 Stonne. Mat der Grënnung vun enger Societéit soll ee kënnen an alle Länner vun der EU seng Servicer ubidden. Dofir musse spezifesch Léisunge fir d'Froe vun der TVA an der Akommensbesteierung fonnt ginn, fir 28 Steiermeldungen ze verhënneren. Am beschte vergläichbar wier se mat enger Sàrl op europäeschem Plang.

Do dernieft fuerdert d'Piratepartei och d'Aféiere vun neie Finanzéierungsmethode fir europawäit Infrastrukturprojeten an de Beräicher Energie, Kommunikatioun an Transport. Mir denken do am besonneschen u gemeinsam Bonds, respektiv steierbegënschtegte Crowdfunding. Gläichzäiteg muss déi gesamt europäesch Wirtschaft duerch Dezentraliséierungsmoossname gestäerkt ginn, fir den Effekt vun der „Bloer Banann" (der Regioun vu London bis Milan, déi als wirtschaftlecht Herz vun Europa gëllt) z'entschäerfen.

Europa fir Talenter méi attraktiv maachen

A ganz Europa wäert an der noer Zukunft e Mangel u Mënsche mat besonnesche Fäegkeeten entstoen. Dëst mëscht et ëmsou méi wichteg, datt Europa fir Top-Talenter aus der ganzer Welt attraktiv ass. Bis elo sinn déi meeschten europäesch Länner ongär Immigratiounsland an d'Politik orientéiert sech ze vill un de kuerzfristegen nationalen Interessen. D'Piratepartei fuerdert eng aktiv europäesch Migratiounspolitik, déi op talentéiert Mënschen ausserhalb vun den europäesche Grenzen ausgeriicht ass.

D'europäesch Jugend integréieren

Jugendaarbechtslosegkeet an Europa bleift säit Joren héich. Aplaz d'Jugend op eng sënnvoll Aart a Weis an dat soziaalt a wirtschaftlescht Liewen ze integréieren, gëtt op eng Akademiséierung vun der Jugend gesat, mam Resultat, dass Diplomer ëmmer méi u Wäert verléieren. Gläichermoosse gëtt a Länner ewéi Däitschland de Sozialsystem en faveur vun deenen eelere Generatiounen an zu Laaschte vun der Jugend ausgebaut.

Mer mussen der Tendenz entgéintwierken an d'europäesch Jugend mat sënnvolle Moossnamen an d'Wirtschaft integréieren. D'wirtschaftlecht Integratioun vun de Jonken ass gläichzaiteg eng sozial Integratioun. Sou sollten Aarbechtsmodeller gefërdert ginn, déi de Jonken zumindest eng Chance ginn, fir mat engem Been an d'Liewen ze kommen. Gläichzäiteg sollte verschidde Beruffer entakademiséiert ginn (Beispill: Educatrice fir kleng Kanner) an d'Oplagen zur Grënnung vu Start-Ups an Europa erofgesat ginn.

Fir eng nohalteg Wirtschaft

D'Piratepartei wëll eng radikal Nohaltegkeet vun eiser Gesellschaft a Wirtschaft. Mir wëllen ewech vun enger Konsum-an Ewechgeheigesellschaft hin zu enger, Gesellschaft déi um Benotzen an Erëmbenotzung baséiert. Duerch d'Verlagerung vun der Besteierung ewech vun der Aarbecht an hin zu Steieren op Ressourcen an Ëmweltverschmotzung, encouragéiere mir d'Erëmbenotzung.

Mir gesinn Offall als Ressource. D'EU soll méi héich Ziler fir d'Sammlung, d'Trennung an de Recycling vu Réistoffer virginn. Esou kann d'Verbrennung vu wichtege Ressource verhënnert ginn. Entreprisen a ganz Industrie musse fest Accorden agoen, esou dass d'Wuereketten erëm zougemaach kenne ginn. Mat engem „Offall-Schengen“ géif den Transport vun Offall iwwert d'Grenzen ewech méi einfach ginn. Mer mussen den Iwwergang zu enger Kreeslafwirtschaft beschleunegen.

An Europa hierstellen, wat an Europa kann hiergestallt ginn

Fir nohalteg ze handelen, musse mer innerhalb vun der europäescher Unioun de lokale Konsum förderen. Industrien, déi aktuell a Südostasië verlagert sinn – wéi zum Beispill d’Produktioun vun Elektronik an d’Textilindustrie – sollen erëm méi de Wee an Europa fannen.

D'Piraten si fir d'Globaliséierung, mee dës däerf net op d'Käschte vun der Ëmwelt a schwaache Sozialstandarden an anere Länner geschéien. Bëllegproduiter, déi dësen Ufuerderungen net entspriechen, sollen an enger Héicht verzollt ginn, déi de Präis un déi europäesch Produktiounskäschten upasst. Dëst hätt zur Folge, dass mer als EU eis Standarden op aner Länner opdroe kënnen a gläichzäiteg der Industrie de néidege finanziellen Drock dofir maachen.

Ëffentlech Finanzen an Uerdnung bréngen

Et ass an eiser aller Interessi, datt all Länner, mat deene mir den Euro deelen, hir ëffentlech Finanzen an Uerdnung an am Equiliber halen. Och Lëtzebuerg muss sécherstellen, datt d'Scholden an Defiziter net aus der Hand rutschen. Dëst erfuerdert keng banal Austeritéitspolitik, mee intelligent Spuerusätz verbonne mat der Stäerkung vum Wirtschaftswuesstem duerch Reformen, d'Stäerkung vum Bannemaart an Innovatioun.

D'Investitiounen dofir mussen zum gréissten Deel aus dem Privatsecteur kommen. Dofir fuerdere mir vun alle Memberstaaten d'Anhale vum Stabilitéits- a Wuesstemspakt. D'Vereenbarunge mussen agehalen a Bedruch muss bestrooft ginn. D'Instrumenter zur Budgetsdisziplin (Sixpack, Twopack an Europäescht Semester) sollen energesch genotzt ginn fir méi Transparenz a Kontroll ze garantéieren

D'Vereenbarungen iwwert d'Budgetsdisziplin vum Fiskalaccord mussen an EU-Recht ëmgesat ginn. Den europäesche Stabilitéitsmechanismus (ESM), den et Europa erlaabt huet duerch d'Kris ze navigéiere, muss weiderentwéckelt an enger demokratescher Opsiicht ënnerstallt ginn. D'Entscheedungsfannung beim ESM brauch dringend méi Demokratie an Transparenz.

En europäesche Bankesécherungsfonds

Duerch d'Ent- a Bestoe vun transnationale Banke ginn déi traditionell national Sécherungsfongen ëmmer méi staark a Fro gestallt. Opgrond vun EU-Direktiven ass et net méi néideg eng Bankelizenz an alle Länner ze besetze wou een seng Déngschtleeschtungen ubitt, mee et geet duer se an engem Memberstaat ze hunn. Trotz dësem Vereenheetleche vun de Banken an den doraus entstoenden grenziwwerschreidenden Transaktiounen, mussen nach ëmmer di national Sécherungsfongen am Fall vum Fall fir eng Bank mat enger nationaler Bankelizenz opkommen. D'Piratepartei fuerdert dofir d'Ariichtung vun engem EU-wäite Sécherungsfonds, deen déi national fir all EU-Bank ofléise soll.

SEPA ausbauen

Ee richtege Bannemaart fir Bezeldéngschtleeschtunge mëscht d'Wirtschaftsaktivitéiten tëscht de Länner méi einfach a bëlleg. Kredit- an Debitkaarte sinn haut näischt Besonnesches méi. An trotzdeem musse mir déi modern Méiglechkeete wéi Onlinebanking nach besser integréieren.

D'Piratepartei fuerdert och, datt et – ähnlech wéi bei den Telefonsnummeren och – e „portage" vun enger Kontosnummer méiglech muss ginn. Do dernieft wëlle mir déi sougenannte „Single European Payments Area (SEPA)" weider ausbauen, soudatt een an Zukunft just nach ee Kont fir all seng

Geschäfter braucht, egal a wat fir engem Land een se mëscht. All dëst ass besser fir Verbraucher an Entreprisen.

Kloer Reegele fir gerecht Fräihandelsaccorden

An enger Welt, déi ëmmer méi duerch gemeinsam Handelsinteresse verbonnen ass, muss een Ëmdenke stattfannen. E wuessenden Deel vum internationalen Handel fënnt ausserhalb vun de Grenze vun der EU statt. Den Handel mat eisen Noperen am Osten an am Süde féiert zu méi Zesummenaarbecht an Afloss. Dës ka souwuel zu eiser ewéi zu hirer Sécherheet an zum Fridde bäidroen. An eiser Handelspolitik mussen d'Wäerter vun der Europäescher Unioun berécksiichtegt ginn.

D'EU muss Verfechter vun den universale Mënscherechter sinn a weltwäit ee méi staarken Akzent op Mënscherechter leeën. Mir fuerdere vun der Kommissioun, datt keng privilegéiert Partnerschafte mat Länner geschloss ginn, wou d'Mënscherechter mat Féiss getrëppelt ginn. Et ass onglafwierdeg op der enger Säit Mënscherechter stäerken ze wëllen an op der anerer Säit eng privilegéiert Partnerschaft mat Länner anzegoen, déi systematesch d'politesch Oppositioun, anescht-Gleeweger an och Mënschen opgrond vun hirer Sexualitéit diskriminéieren. Mir fuerderen, datt d'Mënscherechter viru wirtschaftlechen Interesse stinn. D'Pirate wëllen och just Handelsaccorde mat Länner, déi de Klimaaccord vu Paräis ënnerschriwwen hunn.

D'Piratepartei ass awer oppen fir eng Verbesserung vum Zougang zu alle Mäert weltwäit. Jee méi Handel a Wirtschaftsleeschtung, ëmsou besser fir Europa. Eng Beseitegung vun Handelsbarrièren ass dofir wichteg, mee dës dierf net zu engem „Nivellement vers le bas" am Aarbechtsrecht oder am Konsumenten- an Ëmweltschutz féieren. Weiderhin musse staark Sécherheete fir eis Biergerrechter agebaut ginn an onfair Handelspraktiken souwéi Präisdumping, besonnesch an de Schwellelänner, effikass besäitegt ginn. Och muss d'EU-Parlament fréizäiteg involvéiert sinn an esou Ofkommes dierfe mat kengem Land gefouert ginn, dat Mënscherechter mëssuecht. Nëmmen esou kënne mir ee gerechte Wirtschaftswuesstem an nei Aarbechtsplaze weltwäit promouvéieren.

Baueren als Entrepreneure gesinn

Mir gesi Biotechnologien als Chance. Gläichzäiteg muss d'Transparenz vun de Produiten erhéicht ginn, fir datt d'Konsumenten e méi fräie Choix kréien, wat si konsuméiere wëllen. D'Piratepartei wëll d'Landwirte méi aktiv um Naturschutz bedeelegen. Mir gesi Landwirten als Entrepreneuren a wëllen, datt si duerch fair an nohalteg Präisser op eegene Been stoe kënnen. Wa Baueren awer besonnesch Moossnamen zum Schutz vun der Natur ënnerhuelen, da fanne mir, mussen se och belount ginn.

Jo zum Euro €

D'Pirate stinn zum Euro. D'Virdeeler vun eiser gemeinsamer Wärung iwwerweie méi wéi däitlech d'Problemer, déi hir Konstruktioun mat sech bruecht hunn. Et ass awer héchsten Zäit, dass di grondleeënd Feeler innerhalb vun demokratesche Strukturen endlech ugeschwat a behuewe ginn.

10. Transparenz

D'Europäesch Unioun huet keng wierklech Verbindung zu senge Bierger. Dëst ass ze gesinn un der niddreger Participatioun bei den EU-Walen. Mer mussen dat änneren, wa mer wëllen, dass d'EU iwwerlieft. Mer Pirate mengen, dass duerch méi Transparenz a Matbestëmmungsméiglechkeeten d'EU-Bierger sech méi zu der Unioun gehéiereg fillen wäerten.

Prinzip vun der Transparenz

D'Prinzip vun der Geheimhaltung vum staatlechen Handele muss zugonschte vum Prinzip vun der Transparenz verännert ginn. D'Politik muss an der Hisiicht hiren Déngschtleeschtungscharakter unerkennen an dem Bierger een effizienten Informatiounszougang erméiglechen. An dësem Sënn setzt sech d'Piratepartei fir de Prinzip vun der Transparenz vum staatlechen Handelen an eng komplett Transparenz vun de gewielte Vertrieder géigeniwwer de Wieler an.

D'Prinzip vun der Transparenz soll fir all ëffentlech Stelle vun der EU gëllen: fir d'Parlament, de Rot, den EU-Geriichtshaff an och d'stänneg Vertriedunge vun den EU-Memberstaaten.

Aktiv matbestëmmen an enger Demokratie ass nëmme méiglech, wann de Prozess vun de politeschen Decisiounen ëffentlech a nodréiglech zeréckzeverfollegen ass. Net ëffentlech Sëtzunge sinn enger Demokratie onwürdeg. Ofkommes hannert zouenen Diere mussen der Vergaangenheet ugehéieren. Héich Beamteposte mussen an engem Auswahlverfaren ëffentlech ausgeschriwwe ginn.

D'Pirate wäerten am Kader vun hirem Mandat all legislativ Informatioun oppeleeën a proaktiv Informatiounen zu politeschen Entscheedungen, eiser Agenda, Rendezvous'en an Dokumenter veröffentlechen.

Lobbyismus aschränken

Lobbyisten aus der Privatwirtschaft handele generell am primären Interessi vun hirer Organisatioun a sekondär am Interessi vun der Gesellschaft. Aus dësem Grond musse mer d'Aflossnaam vu Lobbyisten op eis EU-Politiker begrenzen. Mer brauchen dofir kloer Ethikreegelen a Kontrollmechanismen.

Dat existéierend EU-Lobbyregister muss verflichtend ginn a fir all EU-Bierger iwwert een Online-Tool zougänglech gemaacht ginn. All EU-Politiker sollen dem Bierger beleeë kënnen, wéini si sech mat wéi enger Organisatioun getraff hunn, wat de Grond vum Treffe war a wat geschwat ginn ass. Dofir setzen sech d'Pirate fir d'Aféiere vun engem Kontrollsystem an, deen d'Transparenz vun eise Politiker sécherstelle soll.

Dës Weidere soll ee legislative Foussofdrock publizéiert ginn, mat deem all d'EU-Politiker verflicht ginn, Dokumenter a schréftlech Ënnerlagen, déi si vun externen Organisatioun erhalen, ze veröffentlechen.

Doriwwer eraus sollen Expertegremien net vu Vertrieder aus der Industrie dominéiert ginn. D'Pirate verlaange kloer Reegelen, fir géint den Afloss vu privatwirtschaftlechen Instanzen a sou Gremie virzegoen. Dës Treffe sollen op ee Minimum reduzéiert ginn an d'EU-Politiker sollen sech méi mat ënnerrepresentéierten Organisatiounen treffen.

Interessekonflikter vermeiden

All EU-Beamten (och Conseillere vun der Kommissioun) an all EU-Deputéierten (och Rapporteuren) däerfen sech net vu Privatinteressen an hirer Funktioun oder hirem Déngscht duerchernee brénge loossen. Interessekonflikter si villsäiteg: ee fréieren Aarbeschtsposten, privat Gefalen oder Part'en an enger Firma kënnen dorënner falen.

D'Pirate verlaange kloer Verhalensreegele fir sécherzestellen, dass dës Interessekonflikter net op Käschte vu politeschen Decisioune geholl ginn. Feelverhale muss kloer sanktionéiert ginn an un d'Verléieren vum Salaire oder vun der Indemnitéit gekoppelt ginn.

Dës Weidere brauche mer kloer Reegele fir Säitewiessele vun Politiker op Posten an der Privatwirtschaft ze begrenzen. EU-Volleksvertrieder an héich Beamten, déi no hirem Mandat an d'Privatwirtschaft wiesselen, sollen an Zukunft net méi däerfen ee Posten an der EU besetzen. D'Sperrzäit soll fir déi lafend Legislatur an déi folgend gëllen. All EU-Posten soll dës Weideren an engem ëffentlechen Auswahlprozess besat ginn.

Dokumenter oppeleeën

An enger moderner Demokratie mussen d'Bierger capabel sinn, fir z'iwwerwaache wat hir Politik a Verwaltung mëscht. An der EU gëtt et awer nach ëmmer eng laang intransparent Kultur vun Diskretioun a Vertraulechkeet.

D'Pirate gleewen, dass et ee Grondrecht vun de Bierger ass, all Verträg oder finanziell Virdeeler vum ëffentleche Secteur am Zesummenhang mat der Duerchféierung vu Projeten an Déngschtleeschtunge préiwen ze kënnen.

D'Veröffentlechungsflicht muss dofir dringend iwwerschafft ginn, fir datt souwuel de Conseil, wéi och d'Kommissioun an d'Parlament méi transparent ginn. D'Piratepartei strieft en „European Open Government Act (EurOGA)" un, dee virgesi géif, dass all Dokumenter an Informatiounen iwwert den Internet mussen zougänglech gemaach ginn, et sief dann, eng onofhängeg Instanz hätt se als vertraulech oder geheim agestuuft. Géint dës Entscheedunge muss et d'Méiglechkeet ginn, fir Recours anzeleeën.

Whistleblower schützen

D'Piratepartei setzt sech fir eng allgemeng an dringend noutwenneg gesetzlech Reegelung zum Whistleblowerschutz an. Ee 'Whistleblower' ass eng Persoun, déi Mëssstänn an illegaalt Handelen,

wéi Korruptioun, Insiderhandel oder allgemeng Geforen, vun deenen se op hirer Aarbechtsplaz, bei medezinesche Behandlungen oder bei anere Geleeënheete matkritt, un d'Ëffentlechkeet bréngt.

Sou sinn duerch Whistleblower an de lëschte Jore vill Skandaler opgedeckt ginn, wéi zum Beispill duerch den Edward Snowden d'NSA-Spionnage oder duerch den Antoïne Deltour d'Luxleaks-Affär.

Dës Form vun Zivilcourage muss geschützt ginn. All Whistleblower ass vu strof-an zivilrechtlechen Onsécherheeten ëmginn. Dowéinst ass et erfuerderlech de Schutz vu Whistleblower ze reglementéieren. Och muss opgekläert ginn, dass Whistleblower de gläiche gesellschaftleche Stellewäert hunn ewéi Presseinformanten an dofir de gläiche Schutz genéisse mussen a wa méiglech politeschen Asyl kënnen ufroen, wann hir Sécherheet an anere Länner a Gefor ass.

Fir eng méi streng Finanzreguléierung an der EU

D'Geschäftsgebare vum Finanzsecteur an der EU stellt eisen Usiichten no déi wesentlech Ursaach vun der Finanz- an Eurokris duer a war nëmmen duerch eng onzouräichend Bankereguléierung an -opsiicht vun der EU méiglech.

Mir gesinn et als absolut Noutwennegkeet un, fir nees zeréck zu de rechtsstaatlechen a maartwirtschaftleche Prinzipie vun der EU ze kommen a wëllen dofir onofhängeg Iwwerpréiwunge vun de Rettungsmoossname fir Finanzinstituter an ëffentlech Haushälter, déi noutfalls esouguer réckofgewéckelt musse ginn. Dëst mécht an deem Zesummenhang och en Oppelee vun alle Geldflëss néideg.

An der forcéierter Amëschung vun der Europäescher Kommissioun an d'Budgetspolitik vun eenzele Memberstaaten, gesi mir eng Mëssuechtung vum Demokratieprinzip an eng akut Gefor fir eng wirtschaftlech Entwécklung an den Eenegungsprozess an Europa. Mir kritiséieren dofir esou Instrumenter ewéi den europäesche Fiskalpakt, well dës en demokratesch net legitiméierten Agréff an d'Budgetshoheit vun de Memberstaaten duerstellen.

Am Sënn vun enger weiderer Integratioun vun den Eurostaaten brauche mir nei an aner Instrumenter, déi demokratesch legitiméiert sinn, déi der Recheschaftsfliicht ënnerleien an duerch d'Europäescht Parlament kontrolléiert kënne ginn.

D'Finanzéierung vu Wahlkämpf kontrolléieren

All europäesch politesch Partei soll hir Bankkonten ee Joer virun an ee Joer no de Wahlcampagnen ëffentlech oppeleeën. Eng europäesch Kontrollautoritéit soll wierksam Kontroll-a Sanktiounsinstrumenter zu dësem Zweck erhalen.

Digital Transparenz vun Ëmweltdonnéeën

All d'Donnéeën, déi sech mat der Liewensqualitéit op europäeschem Buedem befaassen, solle gemooss an iwwert ee permanenten an digitalen Zougang allen EU-Bierger zur Disponibilitéit gestallt

ginn. Dës concernéiert d'Donnéeën, kënnen d'Qualitéit vu Waasser, Loft, Buedem a Klima betreffen. D'EU soll de Kader fir den oppenen Zougang zu digitalen Uwendunge festleeën.

Medezinesch Fuerschung reforméieren

Et gëtt an der medezinescher Fuerschung Defiziter, déi och an enger Serie vum renomméierte medezinesche Journal Lancet ugeschnidde ginn. Ënnert anerem ass an der Serie schonn 2009 vun de Medizinexpären Iain Chalmers a Paul Glasziou bemängelt ginn, datt laut hirer Ofschätzung 85% vun den Investitiounen a biomedezinesch Fuerschung verschwent goufen an dass d'Reproduzéierbarkeet vun de Studienergebnisser erschreckend niddereg war.

Dofir schléisst d'Piratepartei sech der Fuerderung un, déi d'Wëssenschaftler zum Schluss vun der Serie gestallt haten. Enner anerem sollte klinesch Studien ëffentlech zougänglech deklaréiert ginn, sou dat ongewollte Resultater net einfach ënnert den Dësch gekiert kënne ginn. Ee Belounungsystem fir gutt, verständlech a reproduzéierbar Veröffentlechunge muss agefouert ginn. D'Réidaten zu Fuerschungen, déi zu enger Therapie féieren, mussen ëffentlech zougänglech ginn, fir dat onofhängeg Gruppen d'Validitéit vun de Resultater iwwerpréiwe kënnen.

Mat enger Verbesserung vun der medezinescher Fuerschung erhofft sech d'Piratepartei och, dass aner Fachberäicher sech duerch d'Seriositéit inspiréieren, an sech esou eng gesond Fuerschungsmentalitéit verbreet. Mat engem seriöen Bild vun der Fuerschung no bausse kann Europa och en Magnéit gi fir Spëtzefuerschung, déi dann och innovativ Industrie no sech zéie géif.

Ee Fräien Zougang zu de Resultater vu wëssenschaftlecher Fuerschung

D'Piratepartei setzt sech fir den allgemengen a fräien Zougang zu allen aus Steiergelder finanzéierte Fuerschungsresultater nom Open Access Prinzip an. Zur Förderung vun der Veröffentlechung vu wëssenschaftleche Resultater am Kader vun Open Access soll als Infrastrukturmoossnam en allgemengt Open Access Magazin nom Virbild vu PLOS One mat Hëllef vun ëffentleche Mëttel gestart ginn.

Des Weidere soll en Open-Access-Fonds am Haushalt vun der EU geschaafe ginn dee Publikatiounskäschte bis zu engem gewësse Seuil iwwerhëlt. D'Ziel vum Fonds ass et, datt d'Fuerscher net méi iwwert d'Käschte vun Open Access nodenke mussen, sou wéi et haut mat den Abonnementer vu Magazinner de Fall ass.

Och fuerdere mir d'Rechter vun den Auteuren (z.B. archivéieren um eegene Site) ze stäerken. Dës Moossname reduzéieren d'Käschte fir Fuerscher ouni grouss finanziell Ressourcen.